

agesat. A wann déi alleguer wichteg waren - an de Kolleeg Goerens huet déi opgezielt -, da kann ee soen am Nachhinein: Si ware ganz wichteg.

Mä ech géif soen, an deene leschten 20 Joer, wou ech heibanne war, war awer wahrscheinlech d'Situatioun ni esou eescht, wéi se sech elo schéngt hei am Land unzebahnen.

Wa mer an dëser Situatioun als Parlament net higinn an eis Responsabilitéit huelen an dann eng Kommissioun maachen, déi sech speziell mat deem dote Problem befaasst, da froen ech mech, wat mer iwwerhaapt nach als Parlament solle maachen. Da si mer just Befehlsempfänger an enregistrieren dat, wat d'Regierung seet, a soe Jo an Amen dozou, mä mir sinn net bereet, selwer un där Problematik matzediskutieren a mat déi richteg Konklusiounen ze zéien.

Déi Kris, déi amgaangen ass, ass eng eescht. Déi Kolleegen, déi an deenen zoustännge Kommissiounen sinn, speziell an der Finanzkommissioun, déi praktesch elo geschwënn all Dag taagt, déi mierke jo, datt vu Sitzung zu Sitzung mer méi Asiicht kréien, méi kloer gesinn, wou dat Ganzt wäert histeieren. Mir wëssen, wann dat sech esou soll entwéckelen, wéi dat do der Undeutung no schéngt ze sinn, datt mer da wäerten an den nächste Joren esou vill Problemer hei an deem Land kréien, wéi mer ni virdrun haten.

Duerfir schéngt et eis wichteg ze sinn, datt mer eis als Parlament dorunner bedeelegen, datt mer déi Spezialkommissioun maachen, datt mer Analyse maachen, datt mer d'Entwécklung suivéieren, datt mer Konklusiounen zéien, an datt mer virun allem dann och hoffentlech zesummen a gemeinsam kënne reagieren.

Mir vun eiser Säit ënnerstëtzen déi Proposition vum Kolleeg Goerens Charles, a vläicht kënnt och elo nach deen een oder aneren op d'Riednerpult.

» **M. le Président.**- Merci, Här Gibéryen. Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot.

» **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech wollt och e puer Wuert soen zu där Spezialkommissioun. Selbstverständlech droe mir déi Absicht vum Här Goerens mat, fir dass d'Chamber hir Fonctioun vu Kontroll a vun Impulsioun vis-à-vis vun der Regierung voll a ganz an dëser wichteger Fro vun der Finanz- a Wirtschaftskris, déi op ons duerkënnt oder an där mer dra sinn, assuméiert. Et ass selbstverständlech, dass meng Fraktioun wëllt, dass d'Parlament mat alle Mëttele probéiert, déi politesch Aktualitéit, besonnesch an där schwiereger Situatioun, wou mer elo sinn, opzeschaffen an och doraus hir Konklusiounen ze zéien.

Ech muss awer allerdénks soen - an den Här Goerens weess dat -, dass ech eigentlech déi Initiativ mat gemëschte Gefiller gesinn hunn, net wéinst dem But dovunner, net wéinst där Absicht, déi derhannert stécht, mä wéinst deene Mëttelen, déi mer als Chamber hunn.

Eng Commission spéciale an engem Parlament vu 60 ass e Gremium weider wéi déi vill Kommissiounen, déi mer schonn hunn, wou mer een hannert deem aneren hiergaloppéieren, fir dass déi Kommissiounen beschlussfäeg ginn.

Et gëtt selbstverständlech och virun allem a mengen Aen e grouse Problem, deen ons Chamber huet, onst Parlament huet, dat heescht, wa mer Leit zesummesetzen an eng Commission spéciale, brauche mer eng Capacité d'analyse, eng Capacité de scrutation, wann ech dat emol esou ka soen, fir net komplett ofhängeg ze si vun der Regierung.

Wann d'Parlament, wann d'Legislativ also eng Commission spéciale mécht, fir déi Kris ze suivéieren an och doraus Konklusiounen ze zéien an Impulser ze ginn, da muss se déi Capacité d'analyse hunn, an dat muss natierlech e Maximum vun Informatioun sinn, deen aus der Regierung kënnt, wéi och e Maximum vun onofhängeger Expertise, fir dat kënne ze maachen.

A well ech meng Problemer, meng Zweifelen hunn, ob mer dat fäerdeg bréngen,

hunn ech och een Abléck meng Zweifel gehat, fir esou eng Commission spéciale ze maachen, déi bei déi Aarbecht derbäikënt, déi mer als Chamber hunn, a mir wësse jo, wéi schwierig dass déi Kommissiouns-aarbecht ass.

Ech wëll och soen, dass zwou Kommissiounen an der Chamber sech intensiv mat där Wirtschaftskris a Finanzkris beschäftigen, nämlech d'Finanzkommissioun an d'Wirtschaftskommissioun, a sécher och aner Kommissiounen, déi dorunner bedeelegt sinn.

Et gëtt sécher eng schwierig Equatioun, fir alleguerten déi Leit, déi wierklech engagéiert sinn an der Analys vun der Situatioun an och an der weidergehender Aarbecht, an déi Kommissioun ze kréien.

Wéi gesot, mir stëmme fir déi Commission spéciale, mat enger ganzer Partie Fragezeichen, wéi et soll weidergoen. Mir erkennen dee Mouvement un, fir d'Chamber mat anzebannen. Dat hätte mer souwisou gemaach oder dat maache mer souwisou schonn an der Finanzkommissioun, an der Wirtschaftskommissioun. Mä wann et de Wonsch ass vun der Chamber, fir esou eng Spezialkommissioun ze maachen, si mer bereet, mat op dee Wee ze goen, an hoffen, dass wierklech dann och eng Plus-value doraus kënnt.

Merci.

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Fayot. Den Här Wolter huet d'Wuert.

» **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech wëll do weiderfuere, wou den Här Fayot opgehale huet, fir ze soen, dass eng Commission spéciale nëmmen eppes bréngt, wa se eng reell Plus-value duerstellt. Ech versti viles vun deem, wat de Ben Fayot gesot huet. Mir hunn notamment eng ganz Rei vu Kommissiounen, déi jo regelméisseg tagen.

Deen Doute, deen d'Kollege vun der LSAP ausgedréckt hunn, ob mir den Agendaen, déi mer nun emol hunn an der Lëtzeburger Politik, nokomme kéinten, well mir als Lëtzebuerger Deputéiert, contrairement zu den Deputéierte vu villen anere Parlamenten, net exklusiv national Aufgaben hunn, mä zu engem ganz groussen Deel och lokal Aufgaben hunn a vill vun eiser Zäit an eiser Energie an der Lokalpolitik verbréngen, déi eis dann an der Nationalpolitik e bësse feelen. Déi Besuergnis, déi vun der LSAP do ausgedréckt ginn ass, verstinn ech.

Op där anerer Säit ass et esou, wann ech den duebele Rôle vun der Chamber kucken, deen als Rôle d'impulsion an als Rôle de contrôle du Gouvernement, an an enger Situatioun, wou een nu wierklech vun Dag zu Dag méi d'Impressioun kritt, dass et sech net reng ëm eng Finanzkris handelt, mä dass et eng Kris wäert ginn - net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä haaptsächlech an der ganzer Welt an och an Europa -, déi wäit iwwert d'Finanzen eraus an d'Ekonomie wäert eragoen, dass een da virun der Fro steet: Mécht een dat an dräi, véier, fënnef Kommissiounen separat, oder bündelt ee säin Effort, fir et an eng Kommissioun ze bréngen?

Mir hunn eis déi Fro och gestallt als CSV-Fraktioun a mir sinn éischter zur Konklusioun komm, dass een eng Commission spéciale sollt maachen. Zum engen, well mer mengen, dass den Zäitpunkt komm ass an deenen nächste Méint, fir sech intensiivst mat där Fro ze beschäftigen. Zum aneren och, well d'Regierung de leschten Dënschdeg hei hiren Accord zu där doter Kommissioun ginn huet, a mir et relativ komesch géife fannen, wann eng Demande géif komme vun enger Fraktioun, wou déi ganz Regierung hiren Accord ginn huet, wann dann an der Chamber déi eenzel Fraktiounen der Meenung wieren, dass een déi Offer, déi do komm wär, quasi net géif unhuelen.

Ech géif awer allerdénks eppes wëllen dobäi soen. Wa mer déi Commission spéciale maachen, a mir hunn eis jo all, huelen ech un - de Ben Fayot op jidde Fall, dat hunn ech elo just héieren, de Charles Goerens och -, d'Fro gestallt an der leschter Woch, wat mer an där Kommissioun solle maachen.

Meng perséinlech Konklusioun ass déi, dass déi Kommissioun ganz vill Aarbecht wäert kréien...

» **Une voix.**- Jo!

» **M. Michel Wolter (CSV).**- ...an eng ganz diversifizéiert Aarbecht wäert kréien, esou dass ech hoffen, dass déi eenzel Fraktiounen bei der Nominatioun vun hire Leit, déi elo an déi Commission spéciale solle kommen, Leit nennen, déi och Zäit hunn, an

déi Kommissioun ze kommen, an déi vläicht dat an deenen zwee, dräi nächste Méint als hir politesch Haaptaufgab ugesinn, an et net nach als eng siwent oder aacht oder néngt Aktivitéit niewent sechs oder siwen anere lokal-, regional-, national- an europa-politischen Aktivitéiten ugesinn, déi se par ailleurs op hirem Agenda hunn.

Et ass also och eng Fro iwwert d'Zilsetzungen. Iwwert déi musse mer eis nach eens ginn, well d'Resolutiounen en tant que telle ass relativ flou. Et muss ee sech also nach eng Kéier eens ginn doriwwer, fir de Perimeter ofzestiechen. Well mir kënne och hei net d'Welt frësch erfannen. Dat ass dat eent.

Dat Zweet ass, déi eenzel Fraktiounen musse sech d'Wuert ginn, dass se och Leit dohinner setzen an nominéieren, déi an deenen nächste Méint déi Disponibilitéit weisen, déi noutwendeg ass, fir dass esou eng Commission spéciale och zu deem Resultat féiert, zu deem se soll féieren, nämlech eng reell Plus-value schafen. Mir brauche keng Commission spéciale, wa se keng Plus-value schafft an der Analys, mä och an der Fonctioun, fir eventuell Solutiounen kënne ze proposéieren.

Et ass ënnert deene Bémolen, wou ech soen, dass d'CSV-Fraktioun de Moien décidéiert huet, dass se der Initiativ vun der DP géif zoustëmmen.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Wolter. Dann huet den Här Braz nach d'Wuert gefrot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Här President, déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt dee Virschlag vun der DP. Och bei eis ass doriwwer diskutéiert ginn. Och bei eis si sech déi doten an ähnlech Froen gestallt ginn, mä eis Konklusioun war awer, dass trotz all deene berechtigten Froen, déi opgeworf ginn, et sécher net déi richteg Äntwert wier, ze soen, da maache mer keng Kommissioun oder mir probéieren et net.

Et wäert sécher net einfach ginn, déi Missiounen prezis ze beschreiwen. Dat ass e wesentleche Punkt - déi Missiounen prezis ze beschreiwen -, soss kann dat ausufern. An dat kann dozou féieren, dass een herno keng brauchbar Konklusiounen kann doraus zéien. Dat ass also e ganz wesentleche Punkt, mat deem sech déi Kommissioun wäert vun Ufank un als Éischt misse beschäftigen.

Mä aus der Suerg eraus, déi den Här Fayot ausgedréckt huet, och deelweis den Här Wolter ausgedréckt huet, d'Konklusiounen ze zéien, dass d'Parlament sech dann net soll méi intensiv wéi elo mat där Fro beschäftigen, dat wier eiser Meenung no déi falsch Konklusioun.

Och wann de Constat duerno an de Konklusiounen net onbedéngt deen ass, dass mer vill ganz konkret Konklusiounen hätten, wann et dat iere géif ginn, dann hätt och dat seng Ursachen. An zumindest déi Ursachen herno mam Numm ze benennen, kloer mam Numm ze benennen, wär dann och schonn eng brauchbar Konklusioun vun där Aarbecht gewiescht.

Wann et drëms geet fir d'Parlament sech d'Fro ze stellen, ob d'Parlament amstand ass, op ganz komplizéierten a wichtigen Dossieren tatsächlech mat deem Staff a mat deene Leit, déi hei sinn, et mat der Regierung op Aenhéicht opzehuelen, dat ass eng Fro, déi mer eis jo scho bei méi wéi engem Dossier gestallt hunn. Hei wësse mer, dass déi Schwierigkeet besteet, a wann d'Parlament déi Schwierigkeet net bewältegt kritt, ass dat och eng Konklusioun.

Duerfir ënnerstëtze mir de Virschlag vun der DP.

» **M. le Président.**- Très bien! Ech gesinn, Dir Dammen an Dir Hären, op alle Bänken Unanimitéit fir d'Institutionen vun dëser Commission spéciale, och wann den Aktionsperimeter net definitiv ofgestach ass. Duerfir ass et och wichteg fir opzepasen, wien een an déi Kommissioun nennt, wéi den Här Wolter et gesot huet. Zum Beispill d'ganz Questiouen vum Emploi wäert och hei mat eraspillen, esou dass déi eenzel Fraktiounen sollen do all Aspekter a Considératioun zéien, wa se hir Leit nennen.

Dann denken ech, dass mer par main levée kënne iwwert déi Propositionen hei ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien ass d'accord domat?

Ech denken, dass mer Unanimitéit heibannen hunn. Jo, mir hunn d'Unanimitéit op där doter Fro. Domat ass déi Kommissioun

décidéiert, an ech géif d'Fraktiounen bieten, hir Vertrieeder esou schnell wéi méiglech ze nennen, fir dass och d'Kommissioun ka mat hiren Aarbechten ufänken, nodeems dass d'Parlament seng Zoustëmmung ginn huet.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen domat zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass de Projet de loi iwwert d'Formation professionnelle. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto-Gaasch, d'Madame Brasseur, d'Madame Loschetter, den Här Mehlen, den Här Spautz, den Här Berger an den Här Jaerling. Dann huet elo d'Wuert de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro.

6. 5622 - Projet de loi portant réforme de la formation professionnelle et portant modification a) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; b) de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue; c) de la loi du 1^{er} décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue; d) de la loi du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du Travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.**- Här President, Kollegeinnen a Kolleegen, mat der Diskussioun an der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5622, der Reform vun der Berufsausbildung, si mer dann erëm mat zwee Been zréck zu Lëtzebuerg.

Ech wëll just soen, dass dee Projet net manner komplizéiert ass wéi d'Weltlag, där mer virdrun nogelauschert hunn, am Géigendeel. Mir sinn hei konfrontéiert mat engem dach komplizéierten, awer innovativen Projet de loi, dee virrangede Mënsch a besonnesch déi Jonk an de Mëttelpunkt stellt a versicht, nei a besser Zukunftsperspektiven duerch méi Kompetenz a Wëssen an domat eng verbessert Konkurrenzfähigkeit op dem Aarbechtsmaart ze vermëttelen, a gläichzäiteg awer och dat Méi u Kompetenz an u Qualitéit am Interessi vun de Betriber duerchzuféieren, déi domat d'Qualitéit vun hirer Aarbecht, d'Produktivitéit an d'Kompetitivitéit kënne verbessern.

Wéi gesot, et ass e komplizéiert Gesetz, och well et innovativ ass a well et mat der Vergaangenheet brécht duerch nei, méi komplett a sech ergänzend Bildungsweeën a Bildungsmethoden. Mat der Ofstëmmung haut, esou gesinn ech et, gëtt e Meilesteen an en Eckpfeiler innerhalb vun eisem gesamte Schoul- a Bildungssystem gesat. Et ass eng éischt bedeitend Etapp am Hibleck op aner Etappen, déi eis an d'Haus sti mat deenen dräi Schoulgesetze, déi deemnächst och hei debattéiert an ofgestëmmt solle ginn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ier ech an den Detail ginn, e puer Bemerkungen an Zuelen.

Éischtens, Merci all deenen, déi matgeschafft hunn an der Kommissioun, am Sekretariat hei am Haus, an der Fraktioun an am Ministère.

Zweetens, Merci allen, déi Avisen zum Projet de loi geliwwert hunn, an ech mengen domat net nëmmen de Statsrot an d'Berufschamberen, mä och d'Gewerkschaften, d'Elterevereenegungen an anerer. Mir ware konfrontéiert mat 16 Avisë respektiv Avis-complémentaires. Eis Kommissioun huet 14 Mol getaagt an dovu gouf et eng Réunion jointe mat der Commission du Travail et de l'Emploi.

Déi ganz Aarbecht huet praktesch 24 Méint, also zwee Joer gedauert, a mir ware mat siwen Oppositionen formelles vum Statsrot konfrontéiert. Ech wëll direkt drop hiweisen, dass den ursprüngeleche Projet de loi, deen de 24. Oktober 2006 déposéiert gouf, op

dem Avant-projet berout, dee schonn ënnert der viregter Regierung ausgeschafft ginn ass, awer émgeännert gouf an am Laf vun deene villen Diskussiounen deene ville Kritiken, Virschléi an Ureegunge Rechnung gedroen huet an domat méi ausgewoge ginn ass, ouni dass dat gesaten Zil vun der Reform a Fro gestallt gouf.

Et ass wéi ëmmer, wann e Basisgesetz 63 Joer al ass - ech erënnenen un den Arrêté grand-ducal vum 8. Oktober 1945, dee sengersäits baséiert um Gesetz vum 5. Januar 1929 -, wann een do mat Ännerungen an Upassunge reforméiere wëllt, da kann ee bal net inhaltlech op Eestëmmegkeet stoussen, souguer dann, wann zënter Joren a Joren eigentlech vu jiddferengem eng grondleeënd Reform vun der Beruffsausbildung gefuerdert ginn ass.

Domat ass et kloer, dass de Reformprojet, deen hei virläit, net onëmstridden a gewöhnungsbedürfteg ass, well en eben aneschtters ass. Munch Kritike sinn och dohier komm, well Einzelner sech ze vill un déi bestehend Regele gewinnt haten an ze vill am bestehende System agéiert oder geschafft hunn. Mä insgesamt, an dat soll een awer ervirsträichen, haten all Kritiken e positiven Hannergrond, well se alleguer festgestallt hunn, dass een am Interess i vun der Saach, a besonnesch vun der Jugend eppes misst ënnerhuelen.

Nun, wa mer dat alles wëllen ëmsetzen, ass d'Mataarbecht an d'Matverantwortung vun allen Acteuren a vun alle Betraffenen noutwendeg, fir et kënnen an d'Realitéit ëmzesetzen. Mir brauche souzesoen e kollektiven Effort, fir dass et réusséiert.

D'Schwéierpunkte vun der Reform:

Éischtens, dat iwwergoend Konzept vum „lifelong learning“ geet wéi e roude Fuedem an och als Äntwert op d'Erausfuorderung vun der Globaliséierung duerch dee Projet de loi, well et noutwendeg ass, sech permanent un déi Technologien, déi sech permanent veränneren, kënnen unzepassen. Dat heescht, et muss méiglech sinn, Émschoulung a Weiterbildung ëmmer erëm an ëmmer erëm op en Neits unzedeien.

Zweetens, et gëtt keng Schlussexame méi. Duerfir gëtt et awer méi Wëssen, méi Kompetenz, méi Flexibilitéit, individualiséiert, differenziéiert Ausbildungsmethoden an oppe Bildungsweeër, bis hin zur technescher Héichschoul.

Drëttens, duerch deen neie System wäert et manner Échece wéi bis elo ginn, duerfir awer méi Chancen an der Aus- an der Weiterbildung.

Véiertens, mat der „validation des acquis de l'expérience“ gëtt et nei Chancen duerch d'Unerkennung vu berufflechen an auserschouleschen Erfahrungen. Also kënnen och net formell Erfahrungen - aus dem Aarbechtswelt, aus dem Alldag, aus dem Fräizäitberäich - an Zukunft zu engem Diplom féieren.

Fënneftens, méi transparent a méi demokratiesch soll et ginn duerch méi Mat-sprooche- a Matbestëmmungsrecht fir d'Salariats- an d'Patronatsberufskum-meren, mä och fir d'Elteren- an d'Schüler-vereenegungen, fir d'Schoulmeeschteren an d'Éducateuren. Partnerschaft gëtt mat deem Gesetz ganz groussgeschriwwen.

Ech versichen, am Detail op nei Methoden, op de System anzegoen. Ech wëll awer elo schonn ervirsträichen, dass d'Schoul- an d'Beruffsorientéierung aus deem Projet de loi erausgeholl gëtt - dat war de Wunsch vun eiser Kommissioun, awer och opgrond vu Kritike vu Beruffschamberen a vum Statsrot -, well fonnt ginn ass, dass dat, wat am Projet de loi stoung, net wäit genuch géif goen an dass een et misst iwwer en eegent Gesetz regelen.

Dat soll och geschéien, an dat soll opbauen op deenen zënter Januar vun deem Joer lafende véier Pilotprojeten a véier Lycéeën, woubäi et awer éischt Konkusiounen gëtt, an engem provisoeresche Rapport d'évaluation, wou et dran heescht: „D'Orientatioun ass keen Allheilmittel, well se weder erlaabt, e geziiltene Choix vun engem Beruff, a scho guer net vun deem Beruff ze maachen, deen uschléissend eng Jobgarantie géif duerstellen.“

Mä mir sinn eis allegueren eens, dass eng geziilt Orientéierung, méi Orientéierung, méi Orientéierungspersonal, mä och méi transparent a méi attraktiv gestalte Beruffsbiller, mat Schwéierpunkt op manuell Beruffer, noutwendeg sinn. Et geet hei och ëm eng sozial- a gesellschaftspolitesch Approche vun den Elteren a vun de Schüler, fir d'Attraktivitéit an d'Zukunftsperspektive vun der Beruff net nëmmen nom öffentleche Secteur oder no administrativen a kommerziellen Jobs anzestufen, mä och den tra-

ditionellen Handwiersksberuff ze berücksich- tigen an him eng Chance ze ginn. Hei drängt sech ouni Zweifel e Mentalitéits- wiessel op.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi eigentlech Schwéierpunkten aus dem Projet de loi sinn déi do, mä et muss een awer méi am Detail - well et komplizéiert ass - beliichten, wat Opbau, Struktur, Methodik an domat déi eigentlech grondleeënd Verännerunge sinn.

Mir hunn hei an deem héijen Haus déi lescht Méint a Joren oft vun der Lissabon-Strategie geschwat a mir gesi se als Motor fir vill an noutwendeg Reformen. Dat gëllt och fir d'Beruffs- an d'Schoulausbildung. Zu deem Thema ass e spezifesch, en ambitiësen an éiergäizege Moderniséierungsprogramm op europäeschem Niveau verabschit ginn, ënnert dem Motto „Éducation et formation 2010“. Ech géif mengen, mat dem Projet de loi vun haut, a mat den ustehende Reformen am Schoulberäich, si mer dobäi, eis Haus- aufgab diesbezüglech ze erleedegen.

Déi déif gräifend Strukturreform vun der Beruffsausbildung soll also d'Moderniséierung erméiglechen an domat den Erausfuederunge vun der Zukunft gerecht ginn, ebe well eisen heitege Beruffsausbildungssystem a) net méi den heitegen Er- waardungen, dem Émfeld, den Eraus- fuederungen an Ufuederungen ent- sprécht, a b) well duerch déi vill nout- wendeg punktuell legislativ Upassungen an de vergaangene Joren, déi noutwendeg waren, mer eigentlech keng Kohärenz méi an deem Ganzen do hunn.

Mir brauchen also e moderne System, wou d'Beruffsausbildung op eng kohärent a flexi- bel Aart a Weis strukturéiert gëtt. An eiser heiteger Wëssensgesellschaft benéidege mer e System, wat jiddfer Einzelnen, an alle Liewensofschnëtter, et erméiglecht, eng Ausbildung ze erlangen, weiderzeféieren oder ze perfektionéieren, gemäss dem Motto vum liewenslaange Léieren.

Mir brauchen e System, wat d'Qualitéit vun der Beruffsausbildung verbessert a wou déi Auszubildend optimal op d'Bedierfnisser an d'Erwaardunge vun der Aarbechtswelt virbereet ginn, och a virun allem an hirem eegenen Interess i. Den Aarbechtsmaart, d'Aarbechtsprozesser, d'Aarbechtsufuer- derungen ännere rapid. D'Ausbildung ent- sprécht net ëmmer den Aarbechtsufuer- derungen. Mir brauchen e Beruffsausbil- dungssystem, wou d'Ausbildung an d'Nofro besser ofgestëmmt sinn, mir brauche souzesoen eng konstruktiv Flexibilitéit.

En anere Problem ass d'Duerchfallquot, also d'Zuel vun de Schoulofbrieche am berufflechen Ausbildungswiese um tech- nesche Sekundarunterrecht, déi einfach ze héich ass. Et besteet doduerch e Mangel u qualifizéierte Fachkräften. Statistike weisen, dass bis zu engem Drëttel vun de Schüler oder Lehrlinge während der Beruffsaus- bildung op der Streck bleiwen, well se den Uspréch, déi den Technikerdiplom oder den CATP u si stellt, deenen Ufuederungen net nokommen.

Déi Beruffsausbildungsreform, vun där mer haut schwätzen, hëlt déi Erausfuederungen un, andeem d'Beruffsausbildung besser op déi individuell Fäegkeete vum Auszebil- denden zougeschnidde gëtt, wat engersäits d'Qualitéit vun der Beruffsausbildung ver- bessert an anerersäits d'Zuel vun de qualifi- zierten Aarbechtskräften erhéicht. Mä och duerch d'Vermëttelung vu Kompetenzen, der Aféierung vun enger modulariséierter, differenziéierter Beruffsausbildung gëtt de System - ech hunn et scho gesot - méi flexibel.

Deen op Partnerschaft opgebaute System léisst sech besser mat deene permanent wandelnden Aarbechtsufuerderunge ver- einbaren. Ausbildung an Ufuederunge kënnen domat méi schnell a besser openeen ofgestëmmt ginn.

Wéi gesot, de Projet de loi gëtt Äntwerten op d'Froen an d'Problemer. D'Avisé vum Statsrot a vun de Beruffschamberen, ob- wuel se séier verschidde waren, sinn dann och voller Unerkennung, dass endlech e Projet de loi hei virläit. D'Beruffschambere begreissen d'Partnerschaftskonzept, be- greissen d' Aféierung vun engem modulären a kompetenzorientéierten Unterrecht, déi flexibel Ausleeung tëschen theoretescher a praktescher Ausbildung - „formation en alternance“ -, d'Unerkennung vun der berufflecher an auserschoulescher Er- fahrung, dat heescht d'„validation des acquis de l'expérience“.

Aner Kritiken, wéi d'Ofschaffung vun den Zouloossungsexame fir d'Héichschoul- an d'Universitéitsstudien, d'Organisatioun vun der Ausbildung no klasesche Beruffer statt Beruffgruppen an esou weider, si berück- sichtigt ginn, net awer d'Fuerderung no

enger Pilotphas, well dat eigentlech eng weider Verspéidung bruecht hätt, statt enger wierklecher Reform.

Ech ënnersträichen ëmmer erëm: Déi Reform an dat Gesetz beinhalten esou vill Flexibilitéit, dass vill Upassungen op der Basis vun Erfahrungen an Zukunft ouni vill Komplikatiounen méiglech sinn.

D'Bemerkungen an d'Oppositions formelles vum Statsrot sinn engersäits zur Kenntnis geholl ginn an anerersäits ass hinne Rechnung gedroe ginn. De Statsrot be- greisst ausdrécklech de moduläre System souwéi d'„validation des acquis de l'expé- rience“ an d'Aglidderung vun der Beruffs- ausbildung an en „lifelong-learning“- Konzept. Wéi scho gesot, der Bemänglung vun de Beruffschamberen a vum Statsrot un der schoulescher an der berufflecher Orien- téierung ass Rechnung gedroe ginn, andeem dat aus dem Projet de loi eraus- geholl gouf, an duerch d'politescht Enga- gement, fir déi Problematik an hir Léisung an engem spezifesch Gesetz ze regelen.

Natierlech sinn déi nei Diplombe- zeechnunge gewöhnungsbedürfteg. Éischtens entfält an der Formation pro- fessionnelle de base, am Régime pro- fessionnel den CIP - Certificat d'initiation technique -, deen eng Ausbildungszeit vun zwee Joer hat. Den CCM vun haut, de Cer- tificat de capacité manuelle, deen och mam PAN-Gesetz wéinst der Employabilité agefouert ginn ass, fir d'Échec an deem Sënn opzefänken, dass een e Praktikum ouni theoretesche Bagage vun dräi Joer mécht, gëtt elo duerch den CCP - Certificat de capacité professionnelle - ofgeléist. Deen CCP dauert dräi Joer an ass engersäits dat, wat den CCM war, plus anerersäits en Enseignement général, deen derbäikënn. Doranner läit also d'Differenz.

Dann den zweete Punkt. D'Formation pro- fessionnelle initiale besteet aus dem DAP - Diplôme d'aptitude professionnelle - oder bis elo CATP genannt, also am Régime pro- fessionnel; dann den Diplôme de tech- nicien, wou den Numm onverännert bleift, mä d'Neierung dora besteet, dass en an d'Beruffsausbildung integréiert gëtt a souzesoen eng Professionalisatioun vum Techniker stattfënn, an dat am Régime de la formation du technicien.

Drëttens, eng wichteg Kloerstellung och: De Régime technique ass net beträff. Den Diplôme de fin d'études techniques wéi och de gesamte Cycle inférieur sinn net vun der Reform beträff. Si sollen am Kontext vun enger Gesamtreform vum Lycée technique iwwerduecht ginn.

E puer zousätzlech Erklärungen zu den neien Diplomer. Den CCP, deen also en CCM plus en Enseignement général ass, eegent sech fir Schüler, déi net genügend Kenntniss besëtzen, fir an der Formation professionnelle initiale bestoen ze kënnen. Dat ass also nach ëmmer an Anlehnungen dat, wat scho virdru war. Hie vermëttelt praktesch an theoretesch Basikenntniss, déi unabdingbar sinn, fir sech um Aar- bechtsmaart bewerben a bewähen ze kënnen. Déi normal Dauer wäert dräi Joer sinn a ka bis op véier Joer verlängert ginn, suivant le progrès individuel. D'Organi- sation besteet aus engem Système modu- laire, aus der Formation en alternance beim Patron-formateur an dem Centre de for- mation, der Evaluation continue, der praktesch orientierter Formation mat theoretesche Grondkenntniss.

Et gëtt och en Apprentissage tout au long de la vie. Nom Erlange vun engem CCP kann d'Ausbildung weidergefouert ginn, fir zu engem DAP ze kommen. Dat heescht, Schoulofbrieche kënnen domat rechnen, dass déi Modulen, déi se bestanen hunn, während enger längerer Zeit hir Gültgkeet behalen. D'Beruffserfahrung ka genausou gutt ugerechent ginn, an dat am Hibleck op eng da méi spéit Erlaangung vum CCP.

Schüler, déi no der Schoullicht keen CCP kritt hunn, kënnen sech och an d'Cours d'orientation et d'initiation professionnelles, also an d'COIPen, aschreiwen.

E Wuert zum DAP an dem Diplôme de tech- nicien, déi sech also an der Formation pro- fessionnelle initiale befannen. En DAP, deen also den CATP war, bleift eng normal Aus- bildung vun dräi Joer. Den Diplôme de technicien behält seng Dénomination, mä gëtt, wéi ech gesot hunn, an d'Beruffs- ausbildung integréiert.

Mam DAP a mam Diplôme de technicien huet d'Formation professionnelle initiale zwee ënnerschiddlech Ausbildungsweeër.

Éischtens, den Diplôme d'aptitude pro- fessionnelle, do geschitt d'Organisatioun a Modulen en alternance, soit sous forme d'apprentissage soit sous forme de stage vun der 10^e op 12^e.

Den Ofschlossexamen, also d'Geselle- prüfung, gëtt gestrach. D'Moduler doku- mentéieren a beleëen, ob déi erlaangte Qualifikatiounen ausräichend sinn. Déi normal Dauer ass och hei am Prinzip dräi Joer a kann op véier Joer ausgedehnt ginn. Alles dat en relation mam Beruff, deen erléiert gëtt.

Den DAP bitt Zougang zu den Héichschoul- studië via de Modules préparatoires. An dat ass eng wichteg Innovatioun an dat ass wichteg och ze soen a Bezuch op d'Kritik, et wier eng Entwärtung vun den Diplomer. Et muss een do soen, bis elo huet den CATP keen Héichschoulzougang kannt. Elo hunn talentéiert a motivéiert Schüler oder Lehrlin- gen no Ofschloss vum DAP an den zousätz- leche Virbereedungsmethoden Zougang zu de Fachhéichschoulen oder techneschen Universitiëten. An ëmmer erëm: All déi Formatiounen kënnen entspreichend dem Métier oder der Profession verlängert ginn.

Zweetens, den Diplôme de technicien. Och hei eng Organisatioun en modules en alter- nance, soit sous forme d'apprentissage soit sous forme de stage. Déi normal Dauer vu véier Joer kann op fënnf Joer verlängert ginn. Och hei gëtt den Ofschlossexame gestrach. D'Moduler dokumentéieren a beleëen, ob déi erlaangte Qualifikatioun dann ausräichend ass. Och do kann nom Métier oder no der Profession d'Zeit verlängert ginn.

Entgéint verschiddene Kritike gëtt dësen Diplom net méi breet gemaach, mä de Géigendeel ass éischter de Fall duerch déi méi staark berufflech Finalitéit.

Ech wëll och ervirsträichen, dass d'Re- gierung an d'Kommissioun de Kritike Rech- nung gedroen hunn, dass deen Zougangs- examen, dee virgesi war, fir en Zougang zu den Héichstudien ze kréien, ofgeschaf gouf an duerch eng kontinuéierlech Evaluatioun ersat ginn ass. Den Énnerscheed tëschen dem DAP an dem DT ass elo méi staark wéi virdru, doduerch, well den Diplôme de technicien duerch säi Profil de compé- tences méi déif gräifend, méi grëndlech ass an och méi diversifizéiert, also méi villfältig. Derbäi kënn och eng verstärkte Culture générale, déi also och méi wäit geet wéi déi, déi am DAP virgesinn ass.

D'Reorganisatioun vum Technikerdiplom duerch eng méi berufflech Orientéierung erhéicht d'Chancen op dem Aarbechts- maart a senkt eendeiteg déi héich Duerch- fallquot, well deen aktuellen Diplôme de technicien bis elo einfach ze staark op Héichschoulstudien zougeschnidde ass. Nëmme 50% vun de Schüler, déi en Di- plôme de technicien wëllen hunn, kréien deen och. Déi aner 50% wanderen of an den CATP. Insgesamt verléisst dann en Drëttel vun den Auszubildenden d'Schoul ouni en Ofschloss, an déi neitst Resultater vum Schouljoer 2007/2008 beweisen, dass 25% den Ofschlossexamen am Diplôme de technicien net packen.

De moduläre System bereet also d'Schüler an d'Lehrlingen, déi déi technesch Studien uviséieren, besser op dës Aufgab vir. D'Vir- bereedungsmoduler vermëttelen d'Kennt- niss an der Mathematik an an de Sproo- chen zum Beispill, déi einfach noutwendeg sinn, fir op enger Fachhéichschoul oder op enger technescher Universitéit kënnen ze bestoen. Dës Moduler kënnen an der Regel- studienzeit vu véier Joer beluecht ginn, kënnen awer och an engem eventuelle fënnfte Joer geléiert ginn. Den Techniker- diplom erméiglecht weiderhi postsecon- daire Studien.

Fazit: De moduläre flexibele System erméig- lecht engersäits, staark Schüler besser op d'Héichschoulstudium virzubereeden, wéi dat bis elo de Fall war, anerersäits d'Duerchfallquot ze verréngeren, andeem d'Technikerausbildung verstärkt beruffs- orientéiert strukturéiert gëtt. Entgéint de geäusserte Kritike gëtt den Technikerdiplom kengesfalls entwärt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, nei Diplomer erginn och nei Ausbildungs- methoden. Zu deene wichtigsten Ele- menter an der Reform gehéieren: a) d'Mo- dulariséierung, b) de kompetenzorien- téierten Unterrecht, c) déi kontinuéierlech Bewärtung, d) d'Formation en alternance, e) „lifelong learning“, f) Validation des ac- quis de l'expérience, a g) d'Partnerschaft.

Zu de Modulen. D’Kärstéck vun der Reform ass d’Modulariséierung vun den Ausbildungsweigen. Doduerch gétt et méi en differenzéierten a kompetenzorientéierten Unterrecht. Jiddfereen, deen ausgebilt gëtt, mécht de Wee no sengen eegenen intellektuellen a manuelle Capacitéiten, wat sécherlech d’Motivatioun vu jiddfer Eenzelnem verbessert.

Et gétt dräi Aarte vu Modulen: d’Modules fondamentaux, déi obligatoresch sinn an e progressiven a chronologeschen Opbau hunn; dann d’Modules complémentaires, déi och obligatoresch sinn, mä net progressiv an och net op de Modulë vu virdrun baséieren, a leschtenenns dann d’Modules facultatifs, déi net obligatoresch sinn, mä déi et gudden Schüler erméiglechen, méi schnell weiderzekommen, hir Kenntnissse ze verdéieren a sech, wéi scho gesot, op d’Héichschoulstudië virzebeeden.

Wichtig ass och ze soen, dass déi bestane Modulen eng Zäit laang hir Gültigkeet behalen. Dat erlaabt Schüler mat Léierschwierigkeeten an Ofbriecher, hir Ausbildung iergendwann dann erëm opzehuele respektiv virunzefueren, ouni dass se déi Modulen, déi se bestanen hunn, oder ganz Schouljore musse widderruelen. Dat erlaabt och eng méi flexibel Unterrechtsaart a -weis fir Quer- a Späteinsteiger, déi dann d’Berufsausbildung besser mat hirer beruflecher Verpflichtung openeen ofstëmme kënnen.

Zu de Kompetenzen, wat eng weider wichtig Innovatioun ass, muss ee Folgendes soen: Mir schwätze vun engem kompetenzorientéierten Unterrecht, an d’Kompetenzen, dat sinn d’Unzuel u Kenntnissse, Fäegkeeten, Eegnungen, déi e Schüler erwerbe muss, fir e Beruff ausüben ze kënnen, an esou ass et, dass fir all Beruff e Profil ausgeschafft gëtt, wat den Auszubildenden erlaange muss.

Dëse Profil spigelt sech a berufsspezifischen Ausbildungsprogrammen erëm, déi éischters theoretesch Kenntnissse vermëttelen an zweetens och déi praktesch Uwendung vun dësen Kenntnissse vermëttelen.

Am Géigesaz zur heiteger Wëssensvermëttelung erlaangt een d’Kompetenze verstärkt an der Handlung, an der Aktioun, an der praktescher Emsetzung. Dat heescht, déi praktesch Berufsausbildung gëtt domat opgewäert, ouni dass dobäi déi theoretesch Kenntnissse vernoléissegte géife ginn.

Zur Évaluation continue. D’Bewäertung vun de Modulen op eng kontinuëierlech Aart a Weis mécht et am Géigesaz zu den heitege punktuellen Examen méi lichter, well éischters d’Examen entfalen, mä op där anerer Säit den Auszubildenden beleëe muss, dass hien déi néideg Kompetenzen huet. An anere Wieder: Den Auszubildende muss bestëmmten Aufgaben op engem zefriddestellende Kompetenzniveau fäerdeg bréngen.

D’Projets intégrés, während der Ausbildung (intermédiaire) an zum Ofschluss vun der Ausbildung (final), si vum Auszubildenden ze realiséierend Projeten, déi et him erméiglechen, transversal Kompetenzen ze kréien an déi och bewäert ze kréien.

Zur Formation en alternance. Déi Reform hei berout op enger flexibeler Ausleeung tëschent theoretescher a praktescher Ausbildung. Déi praktesch Ausbildung erhält den Auszubildenden ënner engem Léiervertrag oder/an an engem Stage, woubäi de Stage mindestens véier Wochen hannerree muss daueren a mindestens zwielef Woche während der ganzer Ausbildungszeit.

Am Verglach zum aktuelle System gëtt den Auszubildenden domat méi no un d’Berufswelt erugeféiert. Ier en Auszubildenden en Diplom kréie kann, muss hie mindestens dräi Méint an engem Betrib gewiescht sinn.

An den Avisë war och ze liesen, dass dës Reform scheitert kéint, well net genuch Léierplazen a virun allem Praktika als Stageplazen zur Verfügung géife stoen. Ech mengen, dat géif esou net stëmmen. Virun allem och doduerch, well d’Berufschambre vum Patronat sech derzou verpflichtet hunn, all Ustrengung an dësem Beräich ze ënnerhuelen, fir Stageplazen zur

Verfügung ze stellen. An da muss een dobäi soen, den Erfolleg hänkt och domat zesammen, wéi laang déi Stageperioden daueren. Do gëtt allgemeng gesot, wat se méi laang géifen daueren, wat se méi attraktiv wieren a wat der och méi géifen zur Verfügung stoen, well et fir e Patron méi interessant ass, e Stagiaire éischter iwwer aacht Wochen ze halen, wéi nëmmen dräi Wochen, wat alles komplizéiert mécht a keen direkte Mehrwert bréngt.

Am Bezuch op d’Léierplaze gëtt et de Moment no de Statistiken éischter méi en héicht Ugebuete u Léierplazen, wéi Nofro do ass. De leschte Stand vun der ADEM vum 6. November 2008 seet, dass 1.578 Apprentien eng Léierplaz fonnt hunn, seet awer och, dass 393 nach Demandeur sinn, mä op där anerer Säit och 553 Posten, déi ugebuede ginn, net besat sinn.

Et kann een also de Moment net soen, et géif e Manktum u Léierplaze bestoen. Et gëtt anerer, déi soen, et wieren op d’mannst 1.000 oppe Léierplazen de Moment do.

» **M. le Président.** - Här Rapporteur, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Ech sinn amgaang, dem Här Scheuer säin Deel elo ze soen. Ech sinn awer geschwënn um Schluss, Här President. Et ass e bësse komplizéiert an duerfir dauert et.

» **M. le Président.** - Mir verstinn dat.

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Dat fret mech immens.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Loosst e roueg fäerdeg maachen!

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Merci.

Ech wëll also soen, dass een alles muss ënnerhuelen, fir d’Ugebuete an d’Nofro méi no uneneen ze bréngen. Et gëtt natierlech ëmmer Grënn, firwat et net esou fonctionnéiert. Engersäits gëtt d’Distanz vum Wunnuert op d’Léierstell genannt, déi ze wäit ausernee géife leien. Zweetens gëtt och oft gesot, dass de Léierbouf oder d’Léiermeedchen net an d’Konzept vum Betrib erapasst. Ech fannen, et ass och eng Fro vun der Disponibilitéit vun deenen zwou Säiten, ob se wëllen, ob de Patron wëllt eng Léierplaz ubidden.

Zum „lifelong learning“: D’Kapitel iwwer Weiterbildung an Ëmschoulung erkennt eigentlech jiddferengem d’Recht zou, liewenslaang ze léieren, dat no perséinlech Wonsch, oder duerch Verännerunge vum wirtschaftlechen, technologeschen a vum sozialen Ëmfeld. Dem CNFPC, dem Centre national de formation continue, soll dobäi eng besonnesch grouss Roll, besonnesch an der Erwuessenebildung zoukommen, an e soll an d’Lag versat ginn, dat nach besser wéi an der Vergangeneheet kënnen ze maachen.

Et gëtt och do zwou bedeitend Neierungen. Éischters gëtt eng nei Fonctioun geschaf, déi vum Formateur d’adultes, mat spezifischer pedagogescher Ausbildung fir Erwuessener, an zweetens d’Aféierung vun engem Qualitéitslabel fir qualitativ héichwäerteg Aus- a Weiterbildungsubgebueder ze förderen.

D’„validation des acquis de l’expérience“, also d’Unerkennung vun der beruflecher an der ausserschoulescher Erfahrung am Hibleck op d’Erlaange vun engem Diplom, ass e Meilesteen an dëser Reform, deen och vun allen Acteuren begréisst gëtt. Nieft der beruflecher Erfahrung kënnen also, an ech hunn et scho gesot, net formell Erfahrungen aus dem Alldag a Fräizäitberäich geltend gemaach ginn. Déi Erfahrung muss sech awer, an dat ass wichtig, op mindestens dräi Joer erstrecken an och en direkte Bezuch op den ugefroten Diplom hunn. Dëst Konzept gëllt fir all Diplomer a Certificatë vum technesche Sekundarunterrecht, BTS a Brevet de maîtrise.

D’Partnerschaft ass bedeitend, wann een eppes wëllt realiséieren. Ech hu gesot, méi Transparenz, méi Dialog, méi Matsproche a Matbestëmmungsrecht vun allen Acteuren, déi op allen Themefelder, wat Berufsausbildung betrëfft, dobäi sinn. Nei ass hei d’Asetzung vun engem Berufsausbildungscomité, deen den heitege Comité consultatif ersetzt. Dora vertruede sinn niewent Regierung, Patronat a Salariat jeeweils ee Vertrieeder vun Elteren a Schüler als vollwäerteg Mitglieder.

Nei ass och d’Asetzung vun Équipes curriculaires, déi déi bestehend Commissions mixtes ofléisen, deene si bis haut ënnerstallt waren. Dat bedeit iwwregens och, esou niewebäi, eng wesentlech administrativ Vereinfachung a méi rapid Handeln. Dës

Equipe, ronn 60, sinn zoustänneg fir d’Léierprogrammen a sollen, mat der Verabschiedung vun dësem Gesetz, elo direkt aktivéiert ginn. D’Gesetz selwer soll eréischt mam Schouljoer 2010/2011 a Kraaft trieden.

Als Konkusioun kann ee festhalen, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d’Berufsausbildungsreform setzt duerch innovativ a motivatiounsfördernd Léiermethoden déi benéidegt Rahmebedingungen, fir d’Berufsausbildung qualitativ opzewäerten. D’Berufsausbildungsreform huet ambitiéis Ziler, déi en déif gräifend Ëmdenken an eng kollektiv Ustrengung vun alle Beträffenen erfuere, souwuel vun den Elteren, vun de Schüler, vun de Lehrer, vun de Salariéen, vun de Patronen an hire Verbänn, mä och mir als Politik si gefuerdert.

D’Politik steet domat an der Verpflichtung, züged déi gesetzlech Rahmebedingungen ze schafen. Deen éischte wichtege Deel hu mer haut geschaf, d’Ausaarbechtung vu Berufsprofil a Programmer. Ronn 26 groussherzoglech Reglementer mussen den nächste Schrëtt sinn, fir dass déi Reform 2010/2011 a Kraaft triede kann, dat heescht mat Liewen erfüllt ka ginn. D’Eltere mussen hire Kanner respektiv de Schüler méi Loscht um Léiere vermëttelen an hinnen d’Erausforderungen an d’Opstiegsoméiglechkeeten...

» **M. le Président.** - Här Rapporteur, Dir musst awer elo wierklech zum Schluss kommen.

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Ech si souwisou elo fäerdeg.

Ech sinn also der Meenung, dass d’Eltere mussen hire Kanner respektiv de Schüler méi Loscht um Léiere vermëttelen an hinnen d’Erausforderungen an d’Opstiegsoméiglechkeeten, déi och manuell Beruffer bidden, méi staark virun A féieren. D’Patrone sti virun der sozialer Responsabilitéit, méi an de Mënsch ze investéieren a genügend Ausbildungs- a Stageplaze bereetstellen, awer och derniewent attraktiv an zukunftssträchtig Léier- an Aarbechtsplazen unzibidden.

Déi kollektiv Ustrengung spigelt sech also doran erëm, dass déi Partnerschaft, vun där ech e puermol geschwat hunn, wierklech d’Basis vun deem neie Gesetz duerstellt...

» **M. le Président.** - Här Rapporteur, Dir musst awer wierklech elo zum Schluss kommen!

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Et ass wichtig, hei un engem gemeinsame Strang ze zéien, fir dass d’Berufsausbildung dee Stellwäert kritt, dee se verdéngt.

Här President, ech hu fonnt, dass et e komplizéierten Dossier war, dass et awer wichtig genuch war, en e bësse méi am Detail duerstustellen. Ech hat selwer d’Chance, en CAP ze maachen, deen elo CATP heescht a muer DAP heescht. Ech versiche mech also och ëmzestellen, an dat huet mer vläicht e bësse gehollef, den Duerchbléck ze kréien.

Ech soen all deene Merci, déi matgeschafft hunn, an och all deenen, déi haut nogelauschert hunn. Ech entschëllege mech beim President, dass ech hien e bëssen nervös gemaach hunn. D’LSAP wäert dat Gesetz stëmmen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. Dir hutt mech net nervös gemaach. Mir hunn lech, mengen ech, och déi néideg Zäit gelooss. Dir hutt praktesch néng Minutte méi gehat, wéi dat eigentlech virgesi war.

Als éischt Riednerin ass d’Madame Hetto-Gaasch ageschriwwen. Madame Hetto, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech wëll, fir unzefänken, dem Rapporteur Merci soe fir säi wierklech komplette Rapport. Déi aktuell Regierung huet der Chamber eng Rei Gesetzesprojete virgeluecht, déi allegueren een Zil hunn: De lëtzebuergeschen Educationssystem déif gräifend ze reforméieren. Dëse Wëlle vun der Regierung beweist, dass erkannt ginn ass, dass grad d’Bildung zu de gréisste Potenzial a Kapitaler vun eisem Land gehéiert. E Land, dat de Sprong zu enger postindustrieller Wëssensgesellschaft packe wëllt an och packe muss.

Bei der Moderniséierung vum Educationssystem sti sech d’Länner an enger weltwäiter Konkurrenz géigeniwwer, a mir

brauche gutt forméiert Awunner, fir um wirtschaftleche Plang iwwerhaapt konkurrenzfähig ze sinn an och ze bleiwen. Lëtzebuerg kënnt net derlaanscht, fir d’Ausbildungs- a Qualifikationskritäre vu sengen Awunner un d’Erausforderunge vun eiser Zäit unzepassen, wann et gäre seng Virdeeler am internationale Verglach behält, dat heescht, e staarke wirtschaftleche Wuesstem a soziale Fortschrëtt.

Et gëllt dofir eng kohärent an effikass Reform vum Bildungssystem duerchzuführen, déi dëse Realitéite Rechnung dréit. Niewent der Reform vun der Primärschoul ass et kruzial, dass Lëtzebuerg säi Berufsausbildungssystem reforméiert, e System, deen ëmmerhi scho 60 Joer um Bockel huet.

D’Berufsausbildung gehéiert ouni Zweifel zu de fundamentaale Komponente vum lëtzebuergeschen Educationssystem. De virleiende Gesetzesprojet huet dann och als But, der Berufsausbildung nei Strukturen ze ginn, fir ënner anerem d’Attraktivitéit an d’Bild vun de méi praxisorientéierte Beruffer ze verbessern. D’Zil muss et sinn, dass dës Beruffer och fir déi beschte Schüler eng interessant Optioun ginn, an dass déijéineg, déi dëse Wee aschloen, eng héichwäerteg Grondausbildung kréien, déi hinnen et da spéider erlaabt, sech um Aarbechtsmaart duerchzesetzen a sech och permanent berufflech weiderzubilden.

Doriwwer eraus wäert de Gesetzesprojet 5622 awer virun allem d’Konzept vun der liewenslaanger beruflecher Weiterbildung definitiv festschreiwen. Deen neie System wäert et jiddferengem erlaben, zu egal wéi engem Zäitpunkt an eng Berufsausbildung eranzeklappen, fir säi Wëssen a säi Kënnen ze perfektionéieren oder awer ze ergänzen. Et solle vill méi Erwuessener wéi bis haut vun dëser Optioun profitéieren, fir hir Formatioun ze verbessern an doduerch nei berufleche Perspektiven ze kréien. Dëst gëllt besonnesch fir manner qualifizéiert respektiv méi eeler Persounen.

Een anert wichtegt Element vun der Berufsausbildungsreform ass d’Zesummebréngung vu Schoul a Betriber. Hautdësdays leeft d’Ausbildung an de Schoule vill ze dacks laanscht d’Realitéit an de Betriber an an der Berufswelt. Dat soll sech mat dësem Gesetzesprojet änneren. De Projet de loi iwwert d’Berufsausbildung huet sech deemno als Zil gesat, den Accès zur liewenslaanger Berufsausbildung ze garantéieren, d’Qualitéit vun der liewenslaanger Berufsausbildung ze verbessern, fir dass déi Jonk optimal op d’Berufswelt an op dat soziaalt Liewe virbereet ginn, an derfir ze suergen, dass manner Jonker an der Schoul duerchfalen oder ouni Diplom d’Schoul verloossen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d’Reform vun der Berufsausbildung wäert eng komplett nei Strukturéierung bewierken. An dësem Kontext begréisst d’CSV, dass duerch dat neit Gesetz ee Partenariat tëschent dem Stat, de Patronats- a Salariatsberufskummere geschafe gëtt. Alleguerte si si eng fundamental Komponent vum gesamte lëtzebuergesche Berufssystem, an duerfir ass et och wichtig, dass de virleiende Gesetzesprojet dëser Realitéit Rechnung dréit.

Am Kader vun der Berufsausbildung ass et dësen Acteuren hir Aufgab, dee ganzen Ausbildungssystem ze droen, well et si sinn, déi zum Beispill d’Inhalter an d’Organisatioun vun den eenzelne Formatiounen definéieren. An hirer Aarbecht wäerte si awer an Zukunft vun engem Berufsausbildungscomité begleet ginn, dee fir déi adequat Koordinéierung vun der Planung a vun der Emsetzung vun der Berufsausbildung zoustänneg ass.

An dësem Kontext ass et an der CSV hiren Aen och absolut richtig, dass d’Regierung den ursprüngeleche Gesetzesprojet géännert huet an d’Vertrieeder vun den Elteren an de Schüler zu vollen a stëmmberechtigte Membere vun deem Comité gemaach huet. Doduerch kréien och d’Elteren an d’Schüler endlech déi Plaz, déi hinnen innerhalb vun der Berufsausbildung zoustéet. An Zukunft kënnen dann Décisiounen, déi nach ëmmer an éischter Linn d’Elteren an d’Schüler selwer betreffen, net einfach iwwer hir Käpp ewech geholl ginn.

Eng fir d’CSV décisiv Ëmstrukturéierung vun der Berufsausbildung ass d’Aféierung vun enger Grondberufsausbildung, also der Formation professionnelle de base. Dës Ausbildung soll eng vun den Haaptursachen vum Jugendchömage bekämpfen, nämlech déi defizitär Qualifikatioun vu vill ze vill Jonken, déi d’Schoul entweder ouni oder mat engem ganz schlechten Diplom verloossen.

Ze vill Jonker halen an der Schoul op, well se net op déi Filière komm sinn, déi hinnen herno zum Beispill en CATP-Ofschloss

erméiglecht hätt. Duerch de Gesetzesprojet 5622 kréien d'Schüler d'Méiglechkeet, fir en Diplom, e sougenannte Certificat de capacité professionnelle - den CCP - ze maachen, deem hinnen, esou wéi den Numm et scho seet, och attestéiert, dass si iwwer bestëmmte praktesch, berufflech Kompetenze verfügen, déi et hinnen erlabe wäerten, spéider um Aarbechtsmarché eng Plaz ze fannen.

Grad déi praktesch Ausriichtung vun dëser Grondausbildung ass eng wichteg Measure, fir de Chômage bei deene Jonken effikass ze bekämpfen, a si ass als komplementär zu de praxisorientéierte Beschäftigungs-moossnamen ze gesinn.

D'Formation professionnelle initiale dogéint féiert am Kader vum Régime professionnel zum Diplôme d'aptitude professionnelle, also dem DAP, oder am Kader vum Régime de la formation du technicien zum Techniciensdiplom.

D'CSV begréisst et, dass d'Regierung den initiale Gesetzesprojet och esou ëmgeännert huet, dass een elo méi daitlech d'Ënnerscheeder tëschent dësen zwee Diplomer ka gesinn. Allen zwee si se praxisorientéiert a sollen an éischter Linn zu engem Beruff féieren. An den Techniciensdiplom soll duerch seng méi déif an och breet gestreete Kompetenzprofiler de Schüler och an Zukunft d'Méiglechkeet ginn, fir Héichschoulstudien ze maachen.

Eist Land brauch méi Héichschoulabsolventen an engem wirtschaftlechen Ëmfeld, dat permanent verännert gëtt, a fir d'Fuer-schung an d'Innovatioun hei zu Lëtzebuerg no vir ze bréngen. Allerdéngs mussen d'Schüler och gutt op dës Héichschoul-studië virbereet ginn, fir op déi Ufuederungen, déi do op si waarden, preparéiert ze sinn, an dann net eventuell mussen hir Studië spéider ofzebriechen.

Duerfir schéngt et an den Ae vun der CSV nëmme gerechtfertegt ze sinn, dass Techniciensschüler zousätzlech zu hiren normale Formatiounsmodulen nach weider Modulë maache mussen, déi spezifesch eben op d'Héichschoul preparéieren.

En entscheidende Fortschrétt par rapport zum aktuelle System wäert d'Hin-an-hier-Wiesselen tëschent der Ausbildung an der Schoul an an de Betriber sinn. Stagen an de Betriber sinn essenziell, fir déi Kompetenzen, déi een an der Schoul léiert, dann an d'Praxis ëmzesetzen. Ausserdeem ginn d'Stagiaires op dës Aart a Weis schonn esou fréi wéi méiglech mat der Realitéit vun der Berufswelt konfrontéiert.

Wann e jonke Mënsch gesäit, wat et dann och elo bedeit, an engem Betrib mat anere Leit zesummenzeschaffen a sech u bestëmmten Aarbechtsregelen ze halen, wann en d'Aarbechtsbedéngungen an d'Produktionsweis kenne léiert, da kann hie sech ee realistescht Bild maache vu senger zukünfteger Aarbecht, an där hie sech ausbilde léisst, an d'Diskrepanz tëschent Usproch, Erwaardung an dem reelle Berufssëmfeld ass an deem Fall net esou grouss, wéi wann ee just nëmmen am Milieu Schoul bleift.

Léif Kolleginnen a Kollegeen, de virleiende Gesetzesprojet wäert awer och endlech derfir suergen, dass déi liewenslaang Berufsschulbildung definitiv zu engem Recht gëtt a fest an eisem Educationssystem verankert gëtt. D'Zäiten, wou een no senger Schoul eng Plaz fonnt huet, déi een da bis zum legale Pensiounsalter besat huet, sinn definitiv eriwuer.

D'Globaliséierung an eng Gesellschaft, déi ëmmer méi komplex gëtt, féieren dozou, dass Ufro an Nofro um Aarbechtsmaart immens séier changéieren. Fir eng Chance ze hunn, eng Aarbecht ze kréien, ze behalen oder eng nei ze fannen, muss een an Zukunft nach méi flexibel si wéi haut a sech a regelméissegem Ofstänn weider- respektiv ëmbilde loosson. Dëst géllt selbstverständlech fir all Alterskategorie, also net ausschliesslech fir déi Jonk. Déi liewenslaang berufflech Weider- respektiv Ëmbildung wäert deemno zum effikasse Mëttel am Kampf géint de Chômage ginn.

Zur Weider- an Ëmbildung kënnst awer och nach d'Unerkennung vun der Erfahrung derbäi. De Gesetzesprojet 5622 gëtt eisem Educationssystem endlech déi Flexibilitéit, déi et Erwuessenen erméiglecht, nees an d'Beruffsausbildung eranzekommen, andeems si berufflech an ausserberufflech Erfahrung vum op d'mannst dräi Joer, déi wierklech an direktem Rapport si mat deem, wat se wëlle léieren, och kënnen duerch e Certificat oder en Diplom unerkannt kréien.

Et gëtt dësen Erwuessenen also méi lichter wéi bis elo gemaach, fir Diplomer nozemaachen, well een duerch d'Unerkennung vun der Erfahrung net méi ganz vu vir ufänke muss. Dëst war bis dato fir vill Leit

eng Barrière, déi se wierklech dru gehënnert huet, en Ofschluss nozehuelen.

Méi flexibel wäert d'Beruffsausbildung awer virun allem duerch déi an eisen Aen décsiivsten Ännerunge ginn, déi de Gesetzesprojet virgesäit, nämlech d'Aféiere vum enger modularer Organisatioun an dem kompetenzorientéierten Unterrecht. Duerch d'Moduléierung vun der Beruffsausbildung gëtt endlech akzeptéiert, dass all Kand verschidden ass an enere Léierhythmus huet, deem nëmmen duerch eng Individualiséierung vum Schoulparcours, deem u sän Niveau a seng Ziler ugepasst ass, kann erreecht ginn.

Den absolute Virdeel vun esou engem System ass, dass ee seng Ausbildung zu enger bestëmmter Zäit ufänken a se dann entweder direkt oder awer méi spéit am Kader vun der Weiderbildung ofschléisse kann. Dëst féiert dozou, dass den Iwwergank vun der Schoul zum Aarbechtsmaart an och ëmgedréint méi lichter gemaach gëtt.

Och d'Aféierung vu Kompetenze féiert dozou, dass een iwwer Grond- an Deelfäegkeete verfügt, déi een ëmmer nach spéider ergänze kann an déi et engem awer erlaben, eng Qualifikatioun respektiv en Diplom ze kréien.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, déi virleiend Reform vun der Beruffsausbildung enthält ënnert dem Stréch all déi néideg Mesuren, fir de Jonken an den Erwuessenen déi Kompetenzen ze vermëttelen, déi et hinnen erlaben, den Ufuederunge vum Aarbechtsmaart an enger ëmmer méi komplexer Welt gerecht ze ginn. Dëst ass entscheidend fir d'Kohe-sioun a fir d'Entwécklung vun eisem Land. Duerfir kann ech dësem Gesetzesprojet och nëmmen zoustëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Hetto Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ze hoffen, dass mer mat dësem Gesetz elo wierklech e Meilestee setzen, e Grondstee fir eng nei Attitüd vis-à-vis vun der Beruffsausbildung hei zu Lëtzebuerg, d'Beruffsausbildung, déi ëmmer als zweeten oder als drëtten Choix ugesi ginn ass, wat awer wierklech e falsche Wee war, well mer domat enger ganzer Partie jonke Leit d'Méiglechkeet geholl hunn, fir op méi praktesch Aart a Weis eng Ausbildung ze kréien.

De Projet, dee mer hei virleien hunn, huet eng ganz, ganz laang Geschicht. Et ass gesot ginn, dee jëtzen Text géif op en Arrêté grand-ducal zrëckgoen vum 1945, mä deem Arrêté grand-ducal baséiert um ursprüngelech Gesetz vum 1919. Et gouf also Zäit, dass dat sollt reforméiert ginn, an duerfir si Konsultatioune gefouert ginn. 2004 ass et zu engem Avant-projet de loi komm, deem an d'Konsultatioun gaangen ass. Dës Regierung huet deem Avant-projet de loi opgegraff an huet nach Verbesserungen an Adaptatiounen opgrond vun de Konsultatioune gemaach, fir dann am Oktober 2006 e Projet de loi hei ze déposéieren. Et huet erëm zwee Joer gedauert, bis mer en elo hei am Plenum hunn.

Ech géif gären engem besonnesch Merci soen am Kader vun der Debatt vun dësem Projet de loi. Dat ass de geeschtege Papp vun där Reform, déi mer hei diskutéieren, an zwar den Här Aly Schroeder. Den Här Aly Schroeder war a senger Qualitéit als Direkter vum Service vun der Formation professionnelle den Auteur vum Avant-projet de loi an huet och duerno de Projet de loi gehollef mat ausschaffen. Ech wëll him wierklech e ganz, ganz grouss Merci soen an dann och sengem Nofolger Bonne chance wënschen, deem dat elo an d'Praxis muss ëmsetzen, wat sécher och net einfach wäert ginn.

D'Demokratesch Partei wäert dës Projet stëmmen. Mir stëmmen en, obwuel eng ganz Partei Punkten dra sinn, vun deene mer mengen, dass déi hätte missen nogebessert ginn. Ech wäert am Laf vun der Debatt och op déi Punkten zrëckkommen.

Dat Éischt ass d'Informatioun an d'Beruffso-rientéierung. Leider ass dat e Punkt, deem net méi am Projet de loi enthalen ass. Dann ass den zweete Punkt d'Ausféierungsbestëmmungen. Et si ganz, ganz vill Règlements grand-ducaux, déi nach mussen geholl ginn, a mir wëssen am Moment net, wéi déi ausgesinn. Och do hätte mer gäre Prezisioune gehat.

Den drëtten Kritikpunkt ass deem, dass mer hei an engem ganz komplexen, kompli-

zéierten Opbau sinn. Et sinn zum Beispill, direkt am Ufank, 27 verschidden Definitiounen am Text, wat da mat wat gemengt ass. E weidere Kritikpunkt ass deem, dass mer e ganz komplizéierte Modularsystem hunn, wou een net weess, wéi dat duerno an der Praxis gräift.

An dann hunn ech, ganz perséinlech, e grouss Kritikpunkt unzebréngen, an zwar, dass keng Examen heimat verbonne sinn, an dass d'Zertifikatioun sech duerno mécht, opgrond vun enger Evaluatioun, déi sech während där ganzer Ausbildung mécht. Ech fäerten, dass mer domat deene jonke Leit keen Déngscht leeschten, well wa se duerno an de Beruff erantrieden, gi se am Beruff getest, gi se vum Patron getest, a sinn iwwerhaupt net méi gewinnt, esou en Examen oder en Test ze maachen. Dofir hätt ech perséinlech léiwer gehat, wann dat Ganzt vun Examen begleet gi wier.

En anere Kritikpunkt ass dee vun de Gremien, déi dat Ganzt begleet. Déi sinn enorm grouss. Ech weess awer net, wéi ee se hätt kënne méi kleng maachen. Mä dat ass och e Punkt, dee schwiereg ass. Dat sinn also déi Punkten, déi Ulass zu Kritik ginn.

Ech géif awer dann och dem Rapporteur wëllen e ganz grouss Merci soen. Deen hat do net d'grousst Lous gezunn, wéi e sech huet missen an dës Projet aschaffen, well en esou komplex ass. Mä hien huet dat awer ganz gutt gemaach, souwuel an der Kommissioun wéi och am Plenum. Et ass wuel ganz hëllefreich, dass hie selwer eng Berufsausbildung matgemaach huet, well en dofir weess, vu wat hie schwätzt. En huet och selwer bewisen, dass een, och wann dat nach net certifiéiert war, am Kader vum „lifelong learning“, och wann en net esou formal ass, aner Saachen am Liewe ka maachen. Ech mengen, de John Castegnaro ass dat beschte Beispill dofir.

Mir hunn aner Kollegeen heibannen, déi och de Wee iwwert d'Beruffsausbildung gaange sinn, an ech fannen, déi sollten deene jonke Leit weisen, dass dat och e Wee ka sinn. Den Här Oberweis ass och dat beschte Beispill, well hien, iwwer eng Léier, op den I.S.T. gaangen ass, duerno op d'Universitéit, a finalement op ganz héijem Niveau en-seignéiert huet. Et gesäit een also, dass d'Beruffsausbildung keng Sakgaass ass, au contraire. Mir mussen dee Mentalitéits-wissel erbäiféieren, an ech mengen, et sinn eng Partie Kollegeen heibannen, déi dozou kéinte bäidroen. Den Här Kox ass och eent vun deene Beispiller, an ech kéint och elo den Här Spautz ernimmen, deem ech hei viru mer gesinn. Et sinn der nach eng Partie, an ech fannen dat och e positive Wee.

Ech wëll awer och all deene jonke Leit soen, déi dee Wee hei wëllen aschloen, dass et net nëmmen d'Chamber ass, déi eng Issue gëtt als Berufscarrière, mä dass et och nach anerer gëtt. Ech mengen, dat muss een och ënnersträichen.

» **Une voix.** - Hei ass et och mat engem Examen verbonnen.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Hei ginn ons Kompetenzen awer vu kengem Mënsch gepréift. Et ass just den Électeur, dee muss domat d'accord sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Héichschoulminister François Biltgen seet ëmmer, mir bräichte vill méi Universitäre, an d'Madame Delvaux als Unterrichtsministerin seet, d'Leit misste sech ëmmer méi héich qualifizéieren. Dat ass wuel richtig, mä mir dierfen awer dann net an den Travers verfallen, fir d'Lat erofzesetzen, fir dass méi Leit en Diplom kréien, deem dann duerno näischt méi wäert ass. Et geet jo hei net drëm, d'Statistiken ze verbessern, mä et geet drëm, deene jonke Leit eng Perspektiv ze ginn, mat där se och um Aarbechtsmaart eppes kënnen ufänken.

Mir wëssen, dass mer ganz vill jonk Leit hunn, déi Schouloffbriecher sinn - a mir haten eng Debatt heiriwwer viru 14 Deeg an der Chamber -, well se ganz oft net op der hinnen ugepasstener Ausbildungsschinn sinn, vun engem Échec an deem anere ginn an dofir d'Schoul ofbriechen. Do mussen mer den Hiewel erëm usetzen. Ech fannen et gutt, dass elo d'Schoulpflicht vu 15 op 16 Joer eropgesat gëtt. Mä wat ech bedauern, dat ënnersträichen ech nach eng Kéier, dat ass, dass déi 16-18-Jähreg, déi d'Schoul ofbriechen, weder an e Beruff ginn nach eng Léier maachen nach an d'Schoul ginn, an dass een déi net méi an enger Formatioun erëmfënnt. Ech hätt et léiwer gehat, et hätt een och deenen eng Pflicht operluecht, fir deenen eng Formatioun ze ginn, well et si just déi jonk Leit, déi mer duerno am Chômage erëmfannen. Bei deenen ass op jidde Fall de Chômage vir-programméiert.

Contrairement zu deem, wat oft behaupt gëtt, féiert d'Beruffsausbildung net an eng Sakgaass, mä et gëtt ganz vill Méiglechkeeten, an dës Projet de loi gëtt elo d'Méiglechkeet, iwwer nach zousätzlech Passerellen op aner Ausbildungsweeër ze goen. Bei der Beruffsausbildung si fënnf Punkte wichtig: Dat ass d'Schoul- an d'Beruffso-rientéierung, zweetens d'Mentalitéit, drëtzens de Kontakt tëschent der Aarbechts- an der Berufswelt, véiertens eng praxisno Formatioun a fënneftens d'Weiterbildung.

Wat d'Beruffso-rientéierung an d'Schoul-orientéierung ubelaangt, esou ass dat jo e Volet, deem aus dësem Projet de loi erausgeholl ginn ass. E war ursprüngelech dran, hat awer eng ganz Rei Mängel, wat jo och scho vu ganz ville kritiséiert ginn ass. Déi Kritike waren och berechtigt, an d'Regierung wollt deem Rechnung droen, huet awer fonnt, et wier ze komplizéiert, dat an dësem Projet ze berücksichtigen. Dofir huet d'Regierung dee ganze Volet vun der Beruffso-rientéierung aus dësem Projet erausgeholl, an d'Madame Minister huet ons an der Kommissioun gesot, dass en extrae Projet de loi iwwert d'Schoul- an d'Beruffso-rientéierung gemaach géif ginn. Dat kann een och novollzéien.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Dat ass awer érischt, wann ech Minister ginn.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Den Här Jaerling seet, dat wier érischt, wann hie géif Minister ginn. Ech fäerten, da kënnst dat ni. Mä, ech wëll awer net all Hoffnung op-ginn.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ech och net.

(Hilarité)

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Mä ech fannen et schued, oder souguer inadmissible, dass dee Punkt net hei mat traitéiert gëtt, well dat Ganzt steet a fält mat enger gudder Orientéierung, déi op jidde Fall muss gemaach ginn. Mä kleng Fanger seet mer, dass et e Kompetenzgerangel tëschent dem Aarbechtsminister François Biltgen an der Unterrichtsministerin, der Madame Delvaux, gëtt.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Madame Brasseur, dat war vläicht zu Ärer Zäit esou, mä net bei mir.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Also ech géif mech freeën. Mä da froen ech d'Madame Minister, wou dee Projet drun ass, an ob mer deem nach an dëser Legislatur kënnen ofstëmmen, well et ass jo ganz wichtig, dass mer iwwert d'Orientatioun scolaire a professionnelle e kohärente System hunn. Haut këmmere sech ganz vill Servicer dodrëm, sief et an der Schoul, sief et um Nationalplang. Beim Arbeitsamt gëtt et Servicer, déi sech ëm d'Orientatioun këmmern, an an de Chambres professionnelles. Mir mussen do eppes Kohärentes hunn, well et ass do, wou mer den Hiewel mussen usetzen, fir dass d'Schüler op déi richtig, hinnen ugepassten Ausbildungsschinn kommen.

Da kommen ech zum zweeten Punkt, dat ass d'Mentalitéit. Mir sinn allze vill oft der Meinung, dass ee misst eng Scolaritéit iwwert dee classesche Wee maachen, an dass d'Beruffsausbildung nëmmen da soll an-trieden, wann dat anert net geet. Or, dat ass a mengen Aen de falsche Wee. D'Beruffsausbildung muss als eppes Positives dohinnergestallt ginn. Et ass vill besser, et huet een e gutt ausgebildeten Handwerker, deem dat mat Erfolleg mécht, wéi e Schouloffgänger ouni Ofschluss, deem duerch Echecen op eemol d'Knëppele bei d'Tromm geluecht huet. Mir brauchen also onbedéngt do e Mentalitéitswissel.

Den drëtten Punkt betrëfft de Kontakt tëschent der Aarbechtswelt an der Schoul, dee vill méi intensiv muss ginn. Do mussen mer et fäerdeg bréngen, dass d'Schoul sech opmécht, mä awer och d'Beruffswelt d'Problemer vun der Schoul versteet. Et ass also op deenen zwou Säiten, wou dat muss gemaach ginn, fir dass mer et ebe fäerdeg bréngen, dass mer méi eng Adéquatioun

kréien tëschent deem, wat déi jonk Leit wëlle maachen, an deem, wat ugebuede gëtt.

Den Här Castegnaro ass virdrun op d'Chiffere vum November agaangen, wat elo nach vun oppe Léierplaze besteet, a wat fir eng jonk Leit keng fannen. Am September waren et 1.000 Léierplazen, déi nach op waren. Gott sei Dank sinn der entre-temps eng Partie besat ginn. Mä mir hu Beruffer, do hu mer einfach den „trop plein“, wéi zum Beispill bei de Coiffeuren. Am Bauhandwäerk allerdéngs, do hu mer net genuch Kandidaten, an et ass just do, wou mer Perspektiven hei um Aarbechtsmaart hunn, well d'Haiser ginn nach ëmmer sur place gebaut, d'Fundamenter ginn hei gemaach, d'Mauerwäerk gëtt hei vu Steemeter opgeriicht, den Daach gëtt vun engem Charpentier an duerno vun engem Leeëndecker hei gemaach. Dat gëtt net délocaliséiert. Mir mussen et fäerdeg bréngen, méi jonk Leit an d'Richtung vum Handwäerk ze dirigéieren.

Dann de véierte Punkt. Mir brauche méi eng praxiso Ausbildung. Do muss méi Flexibilitéit erakommen, souwuel vum System wéi och vun den eenzelne Beruffsvertrieder. Mir hunn heiansdo ze vill figéiert Berufsbiller, déi awer mat der Realitéit net méi iwwereneestëmmen. Et kann een net vun all Berufsspart verlaangen, dass se dee ganz komplizéierte Wee, deen elo verschidde Beruffer hunn, matmaachen. Et ass bestëmmt och Plaz fir Leit an deene Beruffer, déi manner qualifizéiert sinn, an da muss dat mat Flexibilitéit ugepasst ginn.

Nach ee Wuert, Här President, zur beruflecher Weiderbildung, déi elo hei verankert gëtt, wat och e positive Punkt ass, genee wéi dee vun der Validatioun vun den Acquis professionnels, dat heescht, dass een eng ganz Partie Saachen ugerechter kritt. Do musse mer zu Lëtzebuerg nach léieren, dat kenne mer net.

Ech weess net, Här President, ob déi Aarbecht, déi mer hei als Deputéierte maachen an an engem Kommissioun, ob dat gëllt fir d'Validatioun vun engem Acquis professionnel. Op jidde Fall hunn ech hei an dësem Haus awer scho ganz vill bäigeléiert.

(**Interruption**)

Majo, ech sinn dann net deen Eenzeg, deen hei eppes bäigeléiert huet.

Zum Ofschloss wollt ech nach eng kéier soen, dass mer dëse Projet stëmmen. Allerdéngs trëtt e jo eréischt 2010/2011 a Kraaft, well nach ganz vill muss dru geschafft ginn. Dat heescht, dass déi éischt Ofgänger mat engem CATP 2014/2015 eréischt aus deem System, dee mer haut stëmmen, erauskommen. Et muss een da kucken, wéi dat gegräff huet. Dat ass eng laang Zäitschinn.

Dëst ass e ganz ambitiëse Projet. Ech hoffen, dass en net ze vill ambitiéis ass, well e gëtt komplizéiert an der Ëmsetzung. Mä mir wënschen all deenen, déi mat dëser Ëmsetzung konfrontéiert ginn, Bonne chance.

Ech hoffen, dass dat hei e Grondsteen ass fir en Ëmdenken an dass mer méi Leit qualifizéiere kënnen iwwert d'Berufsausbildung, well dat wichteg ass, besonnesch an dëser Zäit vun enger ekonomesch schwiereger Situatioun, well mer domat enger ganzer Rei Leit positiv Perspektive kënnen opzeechnen.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Basseur Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter age droen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Härren, fir d'allerdéisch emol e grouse Merci un de Rapporteur an un all déi Leit ronderëm de Rapporteur, déi gehollef hunn, dëse schrëftleche Rapport ze redigéieren, a Merci, Här Castegnaro, fir Äre mëndleche Rapport.

Ech wollt och nach ënnersträichen, ier ech ufänken inhaltlech ze schwätzen, dass mer a ganz ville Sitzungen eng interessant a konstruktiv Diskussioun haten iwwert dës zwee Joer. Ech selwer hu se och ganz interessant

an austauschräich fonnt, déi ganz Zäit, wou mer un dësem Projet de loi geschafft hunn.

De President vun der Kommissioun hat an der leschter Sitzung gemengt, dass dëse Projet de loi en Eckstéck wier vun der Bildungspolitik. An an engem Pabeier vum Ministère steet och dran, dass dës Reform als éischt Etapp unzegesinn ass vun der Reform vum Enseignement secondaire technique an dass an enger zukünfteger Etapp bei enger fundamentaler Reform vum Enseignement secondaire technique dann op déi nei Dimensiounen vun dësem Projet de loi wäert Rücksicht geholl ginn.

Dëse Projet de loi beschäftegt sech mat der Organisatioun vun engem Deel vun der Schoulausbildung, deem prezisen Deel, nodeem déi Kanner Jugendlecher gi sinn an dräi Joer am Postprimaire verbruecht hunn. Fir déi eng Jugendlech ass et deen Deel virun enger Spezialisatioun oder vläicht enger weiderer Fachhéichschoulausbildung oder souguer enger Meeschterprüfung. Fir dee gréissten Deel awer ass dëse Projet de loi de leschten Deel vun hirem effektive Schoulwee, well se an der Berufsausbildung schonn e Schrëtt an d'Aarbechtswelt awer gemaach hunn.

Dës Jugendlech si während hirer Berufsausbildung allerspéitens am zweete Joer net méi schoulpflichteg. Ech denken, dass dat e wichtegen Aspekt ass, deem onbedéngt muss an der Ausaarbechtung vun där Formatioun Rechnung gedroe ginn, well mer wëllen alles dorop setzen, fir dass dës Jugendlech eng Berufsausbildung ufänken a se dann och herno ofschléissen. Virun allem, an dat ass och scho gesot ginn, wa mer wëssen, dass mer eng beonrouegend Zuel hu vun Décrocheurs scolaires, vu Jugendlecher, déi an de verschiddenste Mesuré beschäftegt sinn, oder Jugendlecher, déi mer Joer fir Joer néierens méi an de Statistiken erëmfannen.

Eng gutt Berufsausbildung ass eminent wichteg fir déi Jugendlech, déi se maachen. Nëmmen eng fachlech gutt Ausbildung gëtt hinnen dann och eng reell Chance, sech um Aarbechtsmaart ze behapten an hir Plaz do ze fannen.

Mä eng Berufsausbildung, an dat ass och scho gesot ginn, ass och eminent wichteg, vläicht vill méi mir dat hei elo haut den Owend mengen, fir ons Gesellschaft a fir - en aktuell Thema - ons Wirtschaft.

Dëse Beschäftigungsdomän - an d'Actualitéit huet et erëm eng kéier op eng dramatesch Aart a Weis bewisen -, virun allem dee vun Handwäerk, ass e stabilen Domän, dee weiderhin ëmmer erëm gebraucht gëtt. An d'Handwäerk, virun allem d'Handwäerk, brauch jonk Leit, déi motivéiert sinn an déi wirklech wëllen en Handwäerk léieren oder sech souguer dodran herno spezialiséieren.

Zu Recht gëtt dann och an all Avis, an all Pabeier vun alle Politiker a Politikerinnen heibannen de Stelleväert ënnerstrach vun enger besserer Vernetzung tëschent Schoul an Aarbechtswelt.

An dat ass mäin éischte Punkt, Här President. Effektiv ginn och mir Gréng net midd, d'Wichtegkeet vun dëser spezifischer Vernetzung, voire Kollaboratioun ze ënnersträichen, an zwar net nëmme fir dëse Secteur, mä fir d'Schoul am Allgemengen, ugefaangen an der Primärschoul. Et feelt u Kooperatioun tëschent der Schoul an der Aarbechtswelt, och zum Beispill am Enseignement secondaire, an deem, wat mir hei communément de Classique nennen.

Dës Schülerinnen a Schüler aus dem so-disant Classique erkennen oft de Sënn net vun deem, wat se léieren an der Schoul. Och fir dës Schüler a Schülerinnen aus dem Classique wier de Kontakt mat der Aarbechtswelt wichteg, fir hiert Wëssen ëmzesetzen an e Savoir-faire ausserhalb vun de Schoulmauern.

Dës Kritik zielt d'autant plus fir d'Berufsausbildung. Ausser zwee bis dräi Schnupperstagen, déi op 9^e organiséiert ginn, hunn dës potenziell Kandidaten a Kandidatinnen op eng zukünfteg Berufsausbildung net vill vun der Aarbechtswelt a vun hire Kulisse gesinn an erlieft. Oft souguer sinn dës Jugendlecher mat falschen oder mat onrealistesche Virstellunge befaasst, Wonschvirstellungen, déi d'Schoul an déi d'Leit, déi se begleeten, net kënnen positiv entgéint huelen.

Et geet an onsen Aen net duer, d'Vernetzung tëschent der Schoul an der Aarbechtswelt eréischt an der Berufsausbildung virden ze verbessern, mä dëst muss scho virdu geschéien. D'Vernetzung muss onkomplizéiert a pragmatesch sinn. Si muss virun allem um Terrain geschéien tëschent de verschiddene Partner, déi mat de Jugendleche schaffen, déi se betreiën. Dëst geschitt - dat muss een éierlecherweis och soen, och fir dat emol eng kéier unze-

erkennen - schonn haut an der Praxis, awer meeschtens op Eegeninitiative vun den Acteuren um Terrain. Et gëtt keng institutionaliséiert Plattform dofir.

Mir wëssen och, dass déi verschidde concernéiert Ministère sech schwéierdinn, vernetzt a kohärent ze schaffen, virun allem um Thema Berufsausbildung.

Dëse Projet de loi gëtt och keng richtig Aussicht op deem Punkt. Déi wichteg Elementer vum Projet de loi, wéi zum Beispill de Suivi op der Léierplaz oder tëschent dem Formateur en milieu scolaire an dem Tuteur en entreprise - eng luewenswäert Saach -, bleiwen awer essentiellement deem Eenzelnen iwwerlooss.

An dësem Kontext géif ech dann awer och gären de Rôle vun de Conseillers à l'apprentissage ënnersträichen. Fir ons Gréng ass et dach awer, Här President, eng verpasste Chance, dass mir an dësem Kontext hei keng kloer Définéierung vun de Missiounen a virun allem vum Profil vum Conseiller à l'apprentissage gemaach hunn. De Prinzip vum Conseiller à l'apprentissage géif sech an onsen Ae wonnerbar eegnen, fir notament déi noutwendeg Vernetzung a Kollaboratioun tëschent Schoul, engersäits, an Aarbechtswelt, anerersäits, hierzustellen. An onsen Aen hätt dat kënnen déi zentral Persoun sinn, déi de Jugendleche begleet, eng Aart Referenzpersoun fir de Jugendlechen. Dat hätt kënnen eng Persoun sinn, déi de Lien tëschent den Acteuren an der Schoul an den Acteuren op der Léierplaz vereinfache géif, eng Aart roude Fuedem souzesoen.

Dëse Projet de loi huet awer délibérimé optéiert, fir keng Ännerung virzugesi fir de Conseiller à l'apprentissage; en ënnersträicht, dass de Conseiller just nach eng konsultativ Stëmm am Conseil de classe huet. Mir hätten ons kënnen virstellen, dass de Conseiller à l'apprentissage eng héich qualifizéiert sozioéducativ Ausbildung misst hunn an en doduerch d'Intérête vun de Chambres professionnelles am Allgemengen an de Chambres patronales am Spezifischen, engersäits, awer och d'Bildungsintérête vun der Schoul, anerersäits, kéint verdeeden, an dëst virun allem am Intérêt vum Jugendlechen.

Zweete Punkt, Här President: Zum Thema Vernetzung a Kollaboratioun gehéiert och d'Thema Partenariat. De Partenariat a seng Missiounen, déi hei an dësem Projet de loi ënnerstrach ginn, sinn an engem Artikel 3 beschriwwen. D'Artikele 4 a 5 beschreiwen d'Planung an d'Ëmsetze vun dëse Missiounen a wien an engem Comité à la formation professionnelle dofir zoustänneg ass. Richtegerweis si véier Ministère dra vertrueden, grad ewéi eng Rei vu Verwaltungen, Berufschamberen, Fédérations, Gewerkschaften, Gestionnaires aus dem Sozial- a Gesondheessektor, awer och e Vertrieder vun der nationaler Schülerkonferenz an e Vertrieder vun der Elterevereenegung.

Mir verstinn natierlech, dass et muss esou eng paritéitesch Instanz ginn, déi d'Aarbechte superviséiert a gegebenenfalls och guidéiert. Allerdéngs fanne mir, dass eleng esou e grouse Comité net duergeet, fir weder eng effizient Vernetzung ze garantéieren nach eng reell partizipativ Approche ze promouvéieren. Mir fannen et éierlech gesot och net ganz innovativ, dass bei enger Reform, déi sech fundamental wëllt nennen, et net fäerdeg bruecht ginn ass, sech zousätzlech Weeër virzestelle wéi eben dee Comité, dee regelméisseg taagt. Ech kommen awer nach méi spéit op ons Alternativen an dësem Kontext zrëck.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Drëtte Punkt: d'Validation des acquis de l'expérience. Prinzipiell ënnerstëtze mir d' Aféierung, grad hei an dësem Projet de loi, vun der Validation des acquis; si fënn hei hir richtig Plaz. Zu Recht ass awer och drop higewise ginn, dass dëse Prinzip nëmme fir den Enseignement secondaire technique gëllt, an net fir den Enseignement secondaire classique. Mir froen ons, ob dëst à moyen terme tragbar ass an ob esou eng Aschränkung net awer dach un d'Glaubwürdegkeet vum Prinzip vun der Validation des acquis résele geet, wat natierlech schued wier.

Véierte Punkt - an en ass schonn hei genannt gi vu menge Virgängerinnen als d'Kärstéck vum Gesetz -: den CCP, fréieren CCM, den DAP, fréieren CATP, an den DT oder Diplôme du technicien. Eng Formation verschwénnt, an zwar den CITP, wat mir am Prinzip begrëissen. Dës Tëschenetapp vun der Berufsausbildung, den CITP, ass vill an oft contestéiert ginn. Si huet ni richtig eng Akzeptanz fonnt, virun allem net an der Aarbechtswelt. D'Ziler vun dëser spezifischer Berufsausbildung, déi zousätzlech eng kéier agefouert ginn ass,

konnte wahrscheinlech och net erreecht ginn. Ech soe ganz bewosst: „wahrscheinlech“, well ni eng reell Evaluatioun vum CITP stattfonnt huet.

Et bleiwen also eng praxisorientéiert Ausbildung an déi praktesch an theoretesch Ausbildung, déi eigentlech Berufsausbildung. Fir ons als Gréng, Här President, stëmmt dëse Kader, sous condition, dass mer kënnen vun enger Rei Garantien ausgehen, Garantien, déi elo net automatesch gi sinn an deene jëtzege Ausbildungen.

D'Garantie muss bestoen:

1. dass all CCP déi noutwendeg Brécke kritt, déi zu enger DAP-Ausbildung féieren, e bëssen nom Motto: fir all CCP säin DAP, dat heescht nom Prinzip vum offene Bildungswee;
2. dass d'Offer vun dësen zwou Ausbildungen de linguistesche Besoin vum dëser spezifischer Situatioun am Land hei Rechnung dréit;
3. dass et eng reell Educatioun au choix gëtt, dass heescht, dass de Jugendlechen eng Méiglechkeet huet, iwwert de Biais vun engem Projet de vie - wahrscheinlech säin éischten - sech kënnen fir eng fir hie realistesch Berufsausbildung ze entscheiden, eng fräiwëlleg a gewollten Entscheidung;
4. dass de Jugendlechen e Recht huet, seng Berufsausbildung no uerdentleche Konditiounen ofzewéckelen, virun allem wat seng Stageplaz respektiv seng Léierplaz ubelaangt.

Fir ons muss et och kloer sinn, dass all Jugendlechen no der Neuvième d'Méiglechkeet kritt, fir eng CCP-Ausbildung unzuegoen. Et dierf net méi sinn, dass e Jugendlechen iwwer zousätzlech spezial Infrastrukturen, sief et COIP oder d'École de la x^e chance, seng Stigmatiséierung nach méi prononciéiert kritt respektiv säi Selbstwäert definitiv kann opginn, well e Conseil de classe mengt, hie wär ze schwach oder hätt net genuch Kompetenze fir eng praktesch Berufsausbildung unzuegoen.

D'Besuergnis vun de Berufschamberen, dass an där neier CCP-Ausbildung en Deel Enseignement général virgesinn ass, kënnen mer verstoen, well d'Berufschamberen natierlech déi reng berufflech Ausbildung als Prioritéit ugesinn. Mir kënnen awer dës Bedenken nëmmen zum Deel mat deelen. Hei soll net den CITP sech an engem neien CCP erëmfannen. Ech denken och, dass en Deel Training vum Savoir-être oder Savoir-faire trotzdem Sënn mécht.

Manner Sënn dergéint mécht mat Sécherheet zum Beispill, nach an nach franséisch oder däitsch Grammaire fir d'x-te kéier ze béchsen. Et hänkt also ganz dovunner of, wat ënner Enseignement général verstane gëtt.

Den Techniker huet fir nawell vill Diskussiounen gesuergt. Effektiv ass déi statistesch Effizienz net esou evident, wat de Succès vun dëser Filière ubelaangt. Vill Schüler a Schülerinne sinn an dës Filière erakommen hunn et dunn net méi bis zum Ofschloss gepackt. Am Ministère ass dëst den Ulass gewiescht, fir, no dëse falschen an onerfëllten Erwaardungen an Hoffnungen, de Schüler aner Méiglechkeeten unzebidden. Anerersäits musse mir och feststellen, dass, ofgesi vun de Statistiken iwwer Succès an Echec scolaire op dëser Filière, och hei keng richtig Evaluatioun gemaach ginn ass an och keng Konklusiounen aus där Evaluatioun konnte gezu ginn.

Ech erkläre mech: Mir hu wuel Statistiken, mä mir hunn u sech keng Evaluatioun. Déi zwou Saache si komplementar, mä si sinn net datselwecht. Mir wëssen also net, ob mer net awer der Technikerfilière e spezifesch Status an dem Enseignement secondaire technique hätte solle loosse, oder, wéi hei am Projet virgeschloe gëtt, d'Ausbildung vum Techniker als dach awer reng Berufsausbildung considérieren.

Mir wëssen à ce stade net - op alle Fall net fundéiert -, wat de Besoin vun der Wirtschaft u Beruffer vun der Technikerfilière ass. Wahrscheinlech huet de Conseil d'État déi beschte Solutioun virgeschloen, andeems e proposéiert huet, den Techniker an enger zweeter Phas bei der Reform vum Rescht vum Enseignement secondaire technique op de Leescht ze huelen. Mä d'Technikerfilière weist vläicht am beschten op e fundamentale Problem vun der Bildung hei zu Lëtzebuerg hin, dee vun der Orientéierung.

Dat ass mäi véierte Punkt, Här President. Am initiale Projet de loi gouf et effektiv e Chapitre 6 «de l'orientation et de la guidance tout au long de la vie». Näischt Ëmwerfendes, näischt terribel Innovatives, ausser vläicht déi nei Iddi vun engem Portefeuille d'orientation et de formation fir de Jugendlechen. De Conseil d'État huet proposéiert, dëse Chapitre erauszehuelen,

**Mardi,
18 novembre 2008**

net well en net wichteg wier, mä grad well en ze wichteg wier, fir sech an engem Chapitre 6 mat dräi Artikelen ze résu-méieren. De Conseil d'État huet de Législateur dozou invitéiert, e Gesetz à part ze maachen.

Mir stëmmen dëser Recommandatioun voll a ganz zou, mat der Remarque awer, datt esou e Gesetz iwwert d'Orientation scolaire et professionnelle eigentlech all anert Gesetz an der Bildungspolitik en général a méi spezifesch nach an der postprimaire Bildungspolitik hätt misse précédéieren. Fir ons Gréng ass dëst déi allerwichtigst Kritik.

Mat dem Thema Orientéierung vun onse Kanner a Jugendleche muss an onsen Aen d'Bildungspolitik vum 21. Jorhonnert gestalt ginn. All déi gutt Usätz wéi zum Beispill de Prinzip vun der Unité capitalisante via module, déi haut scho vu ville vu menge Virgänger a Virgängerinne kommentéiert gi sinn an déi och als absolut innovant beschriwwen gi sinn, all dës gutt Usätz risquéieren net ze gräfen, well dohannert eng ganz aner Fehlplanung ass: Déi, datt ons Kanner a Jugendleche net an déi beschriwwene Berufsausbildungen orientéiert gi sinn, am richtege Sënn vum Wuert, mä si par défaut do ukomm sinn. Eng dramatesch Siicht vun onser Berufsausbildung, awer eng batter reell!

Wa mir dëse fundamentale Feeler net vir-drun ophiewen, da kënnen mir hei esou vill Reforme stëmmen, wéi et ons léif ass, d'Situatioun wäert nach ëmmer déiselwecht bleiwen. D'Statistike vun där soi-disant Orientéierung nom 6. Schouljoer weisen, datt ons auslännesch Kanner sech praktesch all am Enseignement secondaire technique erëmfannen. 17,8% net Lëtzebuerger Kanner sinn am Enseignement secondaire, am sougenannte Classique, datt heescht ronn all Sechsten, an 41% vun den net Lëtzebuerger Kanner, bal all Zweeten, sinn am Enseignement secondaire technique. Mëttlerweil ass et och bewisen, datt net d'Sprooch ausschlaggebend fir dës Segregatioun ass, mä de soziokulturellen Niveau vum Kand.

A schonn eleng dës Statistik, Här President, déi kontinuéierlech a regelméisseg zouhëlt säit Jorzéngten, misst ons dach endlech reagéieren dinn! Reagéieren dinn, net nëmmen am Respekt vun der Chancë-gläichheet, mä mëttlerweil och, fir déi esou oft genannte Cohésion sociale ze bewahren.

Ech muss zouginn, datt dee Passus vum Rapport vum Rapporteur mech dach awer e bëssen nervös gemaach huet, Sait 8, den obligaten Abschnitt, dee soll rechtfertigen, datt a Saachen Orientéierung all villes um Wee ass: «Étant donné la haute importance et la grande complexité de l'orientation scolaire et professionnelle, il a été décidé qu'une loi à part soit préparée portant réforme de l'orientation scolaire et professionnelle. Pour le moment un projet pilote tendant à améliorer l'orientation scolaire et professionnelle du Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle ainsi que du Ministère du Travail et de l'Emploi, est en voie d'exécution.» Mä ech mengen, dat ass och nach geännert ginn, fir dat méi prägnant ze maachen. Ech mengen, mir hate gesot «en cours de réalisation».

Mir fannen dat trotzdem e staarkt Stéck, Här President. Et gétt keng Orientatioun hei zu Lëtzebuerg, also mengen ech, ass et och schwéier, se ze verbessern. A virun allem gétt et kee Kontext a kee Konzept. A wann et kee Konzept gétt, maachen da Pilotprojete vill Sënn?

D'Descriptioun vum Pilotprojet ass vum Rapporteur gemaach ginn. A véier Lycéeë ginn eemol d'Woch Représentanté vum CEDIES, vum CPOS a vum BIZ an erklären de Schüler a Schülerinnen, wat hir Méiglechkeete sinn. Dat nennt sech eng Consultatioun a mengen Aen, awer net eng Orientatioun.

D'Chambre des Métiers schreift och zu Recht an hirem Avis: «L'absence de concept...» - well dorëms geet et jo schlussendlech, et gétt kee Konzept - «...au niveau de l'orientation risque d'hypothéquer dès le départ l'ensemble du dispositif du projet de réforme y compris les aspects positifs.»

Datt heescht am Kloertext, datt weiderhin de Lëtzebuerger Bildungssystem sech bornéiert, Kanner a Jugendleche par l'échec ze orientéieren, via Test a Punkten. An dëser Virgehensweis ass eng vun de leschte Statiounen leider oft d'Berufsausbildung am Enseignement secondaire technique, datt heescht den DAP an den CCP, an dat wäert sech och d'nächst Joer an d'iwwernächst Joer net änneren.

Dat si batterschlecht Viraussetzung fir Beruff an Handwierk hei zu Lëtzebuerg an

dat si batterschlecht Noriichte fir ons Wirtschaft.

Hei misst eng regelrecht Reform de fond en comble geschéien. Mir brauchen d'Rad och dofir net frësch ze erfannen: Et leie genuch Auditen, Recommandatiounen a Konklusiounen um Dësch, zum Beispill d'Schafe vun engem Observatoire, eng Strategie, a virun allem Moyenen, fir se ëmzesetzen, sinn zur Genüge fir Lëtzebuerg beschriwwen ginn. „Best practices“ a Modeller gesi mer nawell och eng etlech an anere Länner.

Déi Suen, déi dofir géife gebraucht ginn, wieren déi bescht investéiert Suen aus dem Budget. Well dat, wat mer am Ufank investéieren, spueren mer herno, well mer all déi aner deier Mesuren a Fléckaarbechten duerno net méi musse bezuelen.

Wat mer brauchen, Här President, ass de politesche Wëllen, fir Ministère-iwwergräifend endlech eng Orientéierungspolitik zu Lëtzebuerg an d'Liewen ze bréngen. An ech betounen: Ministère-iwwergräifend. Well dës Politik geet iwwert d'Verantwortung vum Educatiounsministère eraus. Et ass e Projet, fir d'Gesellschaft vun der nächster Generatioun ze plangen an ze gestalten.

Déi wichtigst Elementer dofir si grad d'Ausbildung vun den Erwuessene vu muer, an d'Garantie schafe fir eng stabil Wirtschaft an eng effizient Beschäftigungspolitik.

Här President, wéi vill heibanne wëssen, wat fir en holprege Wee e Jugendleche muss goen, deen eng Léierplaz sicht, egal ob et en CCP oder en DAP ass?

À titre d'exemple: Dëst Joer ware fir déi al Formatiounen CCM/CITP - dat gi wahrenscheinlech déi nei CCPen - eng ronn 900 Jugendlecher do. Fir d'éischt muss hien oder hatt de Juli ofwaarden, datt de Conseil de classe décidéiert, fir wat fir eng Ausbildung hien oder hatt admissibel ass. Duerno féiert de Wee bei d'Action locale pour jeunes, wou hien Ënnerstëtzung kritt a sengem Pabeierkrich. Duerno geet de Jugendlechen op d'Arbeitsamt, fir sech anzuschreiwen als Demandeur de poste d'apprentissage.

Da muss hien oder hatt sech an eng Schoul aschreiwen, wou hien oder hatt seng Léier ka maachen, mat Chance oder mat Pech, deemno ob d'Schoul him seet, datt nach Plaz fräi ass fir déi Ausbildung, a virun allem, ob nach Plaz fir déi Ausbildung ass an där Sprooch, déi hien oder hatt dann och meeschtert. Spriech, ob et déi Ausbildung gétt op Franséisch oder op Däitsch.

Dat alles si keng motivant an encourageant Viraussetzung fir e jonke Pubertäre vu 15, 16 Joer. An op deem Punkt bréngt deen neie Projet de loi wéineg Ännerungsvirschléi.

Mir proposéieren dozou eng realistesch ëmsetzbar a flott Alternativ. Mir hu se „Maisons de l'orientation et de la formation“ genannt. Mir denken, datt et Zäit ass, all Instanzen ronderëm de Jugendlechen ze regroupéieren op enger convivialer an accessibeler flotter Plaz fir d'Jugendleche. E Genre Guichet unique, wou notament d'Action locale pour jeunes, d'Conseillers à l'apprentissage, déi Leit vum BIZ, d'Antenne vun de Berufschamberen hir Plaz hätten, wat dann och eng effektiv Vernetzung a Kollaboratioun géif erlaben.

Dës regional organiséiert Plaze garantéieren e kompetenten a pluridisziplinären Encadrement vum Jugendlechen, en Encadrement, dee souwuel d'Schoul wéi virun allem och d'Aarbechtswelt gutt kennt. En Encadrement, deen de Jugendlechen op sengem Wee an der Elaboratioun vu sengem éischte Projet de vie begleet an ënnerstëtzt.

An an deem Sënn, Här President, wëll ech en Amendement zu dësem Projet de loi eraginn, dee genau dat do beschreift, déi regional Kreatioun vun „Maisons de l'orientation et de la formation“, esou wéi ech se elo beschriwwen hunn.

Amendement 1

Les Maisons de l'Orientation et de la Formation

Au chapitre I. - Champ d'application, définitions et généralités - est ajouté un article 6 libellé comme suit:

«Art. 6. - Il est institué un réseau de Maisons de l'Orientation et de la Formation à caractère régional dont la finalité est de regrouper, en un seul lieu, toutes les instances compétentes en matière d'information et d'orientation professionnelle.

Les modalités d'organisation et de fonctionnement des Maisons de l'Orientation et de la Formation sont définies par règlement grand-ducal.»

La numérotation des articles subséquents est adaptée en conséquence.

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, Félix Braz, Jean Huss, Henri Kox.

Här President, mir maachen ons Suergen iwwert déi praktesch Ëmsetzung vun de Stage- a Léierzäite vun de Jugendleche, dat ass och schonn hei ernimmt ginn, wëssend, datt haut schonn eng ganz Rei vu Jugendleche keng Plaz bei engem Patron fannen a weidergeleet ginn an e CNFPC an duerno weidergeleet ginn a sougenannte COIP-Klassen. D'Schicksal vun deenen, déi néierens eng Plaz fannen, wëll ech hei elo wierklech net beschreiwen.

Mir maachen ons och Gedanken iwwert déi noutwendeg Zesummenaarbecht, déi misst entstoen tëschent de Verwaltungen, déi zoustänneg sinn notament fir d'Mesures d'insertion, an de Verwaltungen, déi sech ëm Jugendleche këmmen, déi potenziell Kandidaten a Kandidatinne kéinte gi fir eng Ausbildung. Dat Mannst, wat ee ka beschreiwen, ass, datt déi Zesummenaarbecht haut net stattfënn.

En evidente Schwaachpunkt an onsen Ae vun dem Projet de loi ass de Fait, datt et net evident ass, sech Carrière vun der Berufsausbildung no uewe virstellen: dee sougenannte richtege offene Bildungswee.

Schued fanne mer zum Beispill, datt de Prinzip net zrëckbehale ginn ass, d'Meeschterprüfung an dëse Projet de loi eranze-huelen, de BAC professionnel an d'Ouverture iwwer méiglech BTSen ze envisagéieren. Eng méi fundamental Reform hätt mat Sécherheet dem Enseignement secondaire technique e bëssen u Prestige bruecht, dee Prestige, deen e brauch, an dee Prestige, deen och d'Berufsausbildung brauch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir ons weist dëse Projet de loi mat Sécherheet op d'Mängel hin, déi bestinn, an dëse Projet de loi huet och den Usproch fir zum Deel visionär virzegoen, notament wat d'Aféiere vun engem Système vun „unités capitalisantes“ an de Modulen an och de Versuch, d'„Validation des acquis“ an d'Praxis ëmzesetzen, ugeet. Mir fannen awer, datt dëse Projet de loi, op deem riseg Gebitt vun der Bildungspolitik, de Scheinwerfer op eng ganz prezis Plaz fokusséiert, an dobäi vergësst ze kucken, datt d'Bildungspolitik e Ganzt ass, wat nëmme ka fonctionnéieren, wann d'Fundamente stabil sinn, fir de Rescht ze droen.

Mir kënnen ons net virstellen, wéi dës Regierung et ka fäerdeg bréngen, d'Bildungspolitik ze reforméieren, an déi eenzel Stécker, wou se e Chantier opgemaach huet, esou mateneen ze verbannen, datt et de Kanner an de Jugendleche soll méiglech gemaach ginn, besser a méi gerecht hir Bildung an Ausbildung ze maachen. Wéi soll d'Reform vun der Primärschoul sech un d'Reform vum postprimären Domän uschlësse kënnen, wann et keng Stroosse gétt, spriech, wann et keng Orientéierung gétt? Esou ännere mer wierklech net, wat mer müssen änneren.

Eng reell Reform, vun ënne bis erop, géif dem Jugendlechen, deen herno de Wee zur Berufsausbildung aschléit, eng reell Chance ginn, awer och vill méi Freed a Motivatioun, well d'Notioun vu Choix erm eng Bedeitung fir hie krit. Dës Atstellung zum Beruff an zum Handwierk ass wichteg fir ons Beschäftigungspolitik. En net onwesentlechen Nieweneffekt wier, datt och d'Enseignanten an all déi aner Betreiungspersounen besser Viraussetzungen a Konditiounen hätten, fir hire Beruff auszeüben.

En résumé, Här President, mécht fir ons eng global durchduechte Reform vum Lëtzebuerger Bildungssystem nëmme Sënn, wa mer eng global Vue hunn an e kontinuéierleche Wee, deen zu deklaréierten Ziler féiert. Datt d'Reform vun der Bildungspolitik nëmme kann an Etappen ëmgesat ginn, dat schéngt ons och kloer, mä fir d'éischt musse mer all Etapp élaboréiert hunn, fir datt mer wëssen, wou mer histeieren. Och hei musse mer feststellen, datt mer, bei dësem prezise Projet de loi, dee wuel seng richteg Usätz weist, d'Etapp virdrun net kennen, nämlech d'Orientatioun oder eng Elaboratioun vun enger Gesamtschoul, aus deem einfache Grond, well et kee globaalt, logesch Konzept gétt, oder vläicht well de politesche Wëllen net do ass, well et politesch net gewünscht ass.

Och déi Etapp no der Berufsausbildung kënnen mer net aschätzen, notament e richtege offene Bildungswee no uewen hin, nom BAC professionnel, nom BTS, aus deeneselwechten Ursaachen.

An dofir, aus deene logesche Konklusiounen zu onsen Iwwerleeungen, kann déi gréng Fraktioun dëse Projet de loi hei net stëmmen.

»»» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Nächste Riedner ass den hono-rabelen Här Mehlen.

»»» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och eisersäits e Merci un de Rapporteur, dee keng einfach Aufgab hat. Ech wëll awer net behaapten, hien hätt net d'grousst Lous gezu gehat, et war sécher och fir hien awer eng passionnant Aufgab.

Här President, d'Berufsausbildung ass eng ganz komplex Matière. Si ass duerfir komplex, well engersäits eis Aarbechtswelt, mat der technescher Evolutioun, ëmmer méi ënnerschiddlech a spezialiséiert Kennt-nisser verlaangt. Si ass awer och komplex, well d'individuell Situatioun, d'Capacitéit an d'Disponibilitéit vum eenzelne Schüler ganz ënnerschiddlech sinn. D'Erausfuerderung ass duerfir gewaltig, fir d'Uspréch vum heitegen Aarbechtsmaart, engersäits, an d'Méiglechkeete vun dem eenzelne Schüler, anerersäits, esou ze verbannen, datt dat beschränkelecht Resultat dobäi erauskënnt. Et kann een dofir d'Bedeitung vun enger héichwäerteger, flexibeler a performanter Formation professionnelle net genuch ënnersträichen.

Mir wëssen, datt am räiche Lëtzebuerg vill ze vill Jonker op der Streck bleiwen, net well d'Lëtzebuerger méi domm wäire wéi anerwäerts, mä well eng onflexibel a réckstänneg Schoulpolitik si hänke gelooss huet. E puer Chifferen: Et gétt ronn 1.200 Jonker, déi all Joer d'Schoul ouni Ofschluss, dat heescht ouni Qualifikatioun verlooosen an zu engem groussen Deel direkt am Chômage landen. Gläichzäiteg mussen eis Betriber ëmmer méi wäit an d'Grenzgebitt siche goen, fir qualifizéiert Leit ze fannen.

Här President, dat ass ganz einfach eng Faillite vun der Educatiounspolitik, fir déi ee keng Wierder fënn, fir se an hirem Ausmooss ze beschreiwen, ganz besonnesch wann ee bedenkt, datt eis Schoul déi mat Ofstand deierst op der Welt ass. Lëtzebuerg bezuelt elo schonn en héije Präis fir dëst onbeschreiflech an onbegreiflecht Versoe vun eiser Bildungspolitik, a mir wäerten duerfir an der Zukunft, déi sech däischer ofzeechent, nach vill méi deier bezuelen.

Och dës Legislaturperiod huet et vill ze laang gedauert, bis iwwerhaupt eppes geschitt ass, an esou dréckt vun enger Legislaturperiod zur anerer een d'Verantwortung bei deen aneren. D'LSAP seet, et wär der DP hir Schold, d'DP seet, et wär der CSV hir Schold, d'CSV seet, Neen, et ass d'DP an d'LSAP, déi et an d'Schold sinn, a si hunn alleguer Recht, well si sinn alleguer kollektiv fir dës Faillite an eiser Bildungspolitik a vun eisem Schoulsystem verantwortlech.

Ausrieden, Här President, gétt et genuch. Mir hunn ze vill Auslännerkanner an eise Schoulen, eis Famillje sinn net méi dat, wat se emol waren, d'Kanner sinn hyperaktiv oder liddereg, d'Léierpersonal ass net méi motivéiert. Et wëllt awer kengem vun deene sougenannte verantwortleche Politiker an de Sënn kommen, d'Schold bei sech selwer oder senger Partei ze sichen, well et ass un der Politik an u kengem aneren, fir de legislativen a reglementaresche Kader esou auszerichten, datt d'Schoul zum beschränkelechen Erfolleg féiert. All privat Entreprise, déi esou géif gefouert ginn, wär ewell laang d'Baach erofgaangen. An an all privat Entreprise, déi eppes op sech hält, wär esou e miserabele Management ewell laang virun d'Dier gesat ginn.

Aner Länner, déi bäi Wäitem net esou am Geld schwamme wéi de Lëtzebuerger Stat, hunn eis virgemaach, datt et a wéi et geet. An do ass et net op extra schlau Elteren, d'Schüler oder d'Léierpersonal zrëckze-féieren, mä op d'Politik, déi et verstanen huet, fir bäi Zäiten d'Weiche vum System an am System richtege ze stellen. Déijéineg vu menge Kolleegen, déi mat a Finnland waren, wësse genee, wat ech mengen. Well d'Geld an der Schoul ass wuel wichteg, mä nach laang net alles. A wann een duerfir nach e Beweise bräicht, da bräicht een nëmmen op Lëtzebuerg kucken ze kommen.

Mir bréngen et zum Beispill, trotz eisem ville Geld, wat mer an den Enseignement stiechen, fäerdeg, datt 4 - 5.000 Kanner mat Léierschwieriegkeeten an d'Ausland ginn, well dat fir d'Elteren déi lescht Rettung bedeit, an deenen do exemplaresch geholfen gétt, wou se hei zu Lëtzebuerg hoffnungslos verluer wäiren. Mir lisen an

der PIRLS-Etüd, datt d'Attitüd an d'Motivatioun vun de Schüler enttäuschend wär, franchement décevant. Dat muss eis dach an héchstem Mooss alarméieren. Wéi solle Kanner eppes léieren, wa se net motivéiert sinn?

Kanner, Här President, wëllen awer vun Natur aus léieren. Si si vun Natur aus programméiert, fir ze léieren. Si si frou fir alles, wat se bäiléiere kënnen, well dat hir Positioun an der Gemeinschaft hieft a stärke. Wa se keng Motivatioun méi verspiere, dann ass et net hir Schold, mä da läit d'Ursaach an der Aart a Weis, wéi mir hinnen d'Wësse vermëttelen, well d'Freed an d'Begeeschterung fir ze léiere musse vun der Erwuessenewelt a vun der Schoul ausgoen an op d'Schüler iwwersprangen.

Et ass virun dësem Hannergrond, wou mer haut dëse relativ komplexe Projet diskutéieren. Och an der Berufsausbildung kann et nëmme fonctionnéieren, wa Motivatioun, Freed a Begeeschterung matspillen. Dat ass déi wichtegst Viraussetzung, a si ass an deene meeschte Fäll net, oder jiddefalls net genuch präsent.

Wann een en Haus baut, da muss d'Fundament zolidd sinn, soss kann een net vill drop bauen. Mir diskutéieren haut iwwert den Émbau vum éischte Stack, Madame Minister, a mir wëssen nëmmen ze vill gutt, datt eist Fundament ze schwach ass. Eise Primärunterricht oder Enseignement fondamental, wéi e vläicht eng Kéier heescht, ass ze schwach. An dat, wat feelt, wann déi Jonk dann an déi weider Ausbildung ginn, kann een an deem Stadium net méi op huelen.

Ech zit'éieren aus dem „Wort“ vum 1. Juli 2006: „«Die jungen Leute, die heutzutage aus den Schulen kämen, könnten nicht mehr schreiben,...“- dat ass ganz krass - „...lesen oder rechnen“, sagte der Präsident der Handwerkskammer,...“ - deemools - „...Paul Reckinger, vor Journalisten. «Die jungen Menschen, die von der Schule zu uns kommen, erfüllen die Voraussetzungen nicht mehr, die heutzutage im Handwerk gefordert werden. Wir können sie daher auch nicht ausbilden.»“

Här President, ech hu viru kuerzem e Reportage op enger däitscher Televisiounschäine gesinn, wou och däitsch Ausbilderbetreiber exakt datselwecht gesot hunn: Mir fänken emol un, deenen hei rechte bäizebréngen, dat, wat se am Fong geholl als Grondwësse misste matbréngen, fir datt mer iwwerhaapt hei eppes kënne maachen.

Mir wëssen alleguer, datt déi Situatioun extrem alarmant ass an datt mer do eis Hausaufgabe musse maachen, fir datt dat hei iwwerhaapt zum Succès ka féieren. Ech kéint lech eng hallef Stonn laang iwwer ähnlech Aussoen aus Gespréicher mat Responsabelen...

(Interruption)

Ech hunn déi Zäit souwisou net.

Ech kéint lech ähnlech Aussoen aus Gespréicher mat Responsabelen aus alle méigleche Betreiber erzielen. Ech weess, datt dat lech natierlech nervös mécht, mä ech kommen awer net derlaanscht, hei d'Wourecht ze soen.

Ouni zolidd Féllement geet näischt. An ouni déi dréngend néideg Reform vum Primaire oder Enseignement fondamental ass och dës Reform zum Échec condemnéiert.

Wann déi Viraussetzung dann erfëllt ass - huele mer emol un, si wier erfëllt - an dee jonke Mënsch eng Ausbildung wëllt maachen, dann ass et wichteg, datt hien net an eng Sakgaass orientéiert gëtt - hei ass jo och scho vill iwwert d'Orientatioun geschwat ginn -, dat heescht, datt en an eng Ausbildung orientéiert gëtt, wou hien och eng Chance huet, duerno eng Aarbecht oder eng Plaz ze fannen. Da muss hien e Léierbetrieb an e Léiermeeschter fannen, deen och motivéiert ass, fir hien auszebilden, dee sech Zäit fir hien hëlt.

All qualitativ héichwäerteg Ausbildung kascht Zäit, an Zäit ass an eiser heiteger Aarbechtswelt knapps an deier, wéi mer wëssen. D'lescht Joer waren et bei de Schräinerdiplomer, wéi et schéngt, nëmmen zwee Jonker, déi et gepackt haten, an déi sinn opfällegerweis aus klenge Betreiber komm, wou se och wahrscheinlech méi

villsäiteg a verschiddenen Aarbechte forméiert gi sinn.

Dann ass net nëmmen d'Konditioun, datt dee jonke Mënsch motivéiert ass, mä de Betrib muss motivéiert sinn, fir auszebilden. All Betrib huet gutt Grënn, fir jonk Leit auszebilden a fir se och am Betrib ze behalen, well gutt Leit si rar an déi bescht Garantie fir de Succès an d'Iwwerliewe vum Betrib.

An hei begéine mer no der miserabler Basisformatioun den zweete Phenomeen hei zu Lëtzebuerg, deen eis béis Problemer mécht. Dat ass, datt déi jonk Leit, soubal wéi et geet a wéi beim Stat oder der Gemeng eng Dier opgeet, sech esou séier wéi méiglech an den öffentleche Secteur ofsetzen.

Et kann een deene jonke Leit näischt verdenken, Här President. Mä d'Politik ass awer gefuerdert, fir hei verschidde Saachen an den Equilibre ze bréngen. Et kann dach net sinn, datt op där enger Säit all Konditiounen, wéi d'Aarbechtsplazsicherheit, déi net mat Geld opzeweien ass, wéi mer elo gesinn, d'Aarbechtskonditiounen, d'Rémunératioun an d'Pensioun, méi avantagéis sinn, wéi op där anerer Säit.

Et kann een de Betriber et net virwerfen, wa se ënnert deene Konditiounen d'Fleem kréien, fir Nowuess auszebilden, wann et nëmmen Zäit a Geld kascht a se herno awer mussen an d'Ausland rekrutéiere goen, well déi jonk Lëtzebuerger esou wäit wéi méiglech bei de Stat oder d'Gemeng wëlle goen.

Vläicht ass dat och eng Ursaach, firwat d'lescht Joer ronn 800 Jonker keng Ausbildungsplaz fonnt hunn. Wéi et schéngt huet sech jo entre-temps d'Situatioun awer e bësse gebessert. Mä mir hunn elo grad héieren, datt, och wa Plazen opstinn, op där anerer Säit der eng Partie sinn, déi keng fannen.

Ech wëll och nach e Wuert verléieren iwwert déi aktuell Zweedeelung, déi mer de Moment op jidde Fall nach hunn an de klassischen an den techneschon Unterrecht, déi der Meenung vun eiser Partei no net gutt ass. Dës Zweedeelung huet, an deem Mooss wéi mer an der Primärschoul ëmmer méi an d'Labrante geroden, derzou gefouert, datt eng Zweeklasseschoul an de Käpp vun de Leit entstanden ass: Déi gutt Schüler ginn an de Klassik - dat ass d'Meenung - an déi manner gutt an den Technik. An dat ass eng Katastroph. Well mir brauche souwuel gutt forméiert Leit an de sougenannten intellektuelle Beruffer, wéi mer gradesou gutt an dichteg Leit an de prakteschen an technesche Beruffer brauchen an eise Betriber.

Datt dës Deklasséierung vun deenen, déi an den Technik ginn, net zu hirer Motivatioun bäidréit, läit op der Hand. D'Motivatioun bei de Schüler an dem Léierpersonal ass awer, wéi ech scho gesot hunn, de Schlëssel zum Erfolleg. Mir sinn duerfir als ADR fir d'Ofschafung vun dëser onglécklecher Zweedeelung. Kee Schüler soll an därerf méi d'Gefill hunn, datt hie mannerwäerteg wär oder datt hien an eng mannerwäerteg Schoul géif goen. Dat heescht awer net, datt mer alles wëlte gläichmaachen. D'Interesse bei de Schüler sinn, Gott sei Dank muss ee soen, ganz ënnerschiddlech. D'Begabung sinn och ganz ënnerschiddlech gelagert.

Ass et dann eng Schan, wann ee méi technesch oder manuell begaabt ass? Mir hu jiddefalls deeselwechte Respekt fir en dichtege Handwerksmann wéi fir e gudden Affekot oder Schoulmeeschter.

Duerfir muss de Sekundarunterricht eiser Meenung no modular organiséiert ginn, wou dësen ënnerschiddlechen Interesselagen a Begabung Rechnung gedroe gëtt. An zwar esou, datt zum Beispill an den allgemeynbildende Fächer déi Staark kënne maximal evoluéieren, ouni vun deene méi Schwaache gebremst ze ginn, an déi Schwaach op hirem Niveau enseignéiert kënne ginn, ouni datt se Schong an Huese verléieren, well se ze vill Staarker an hirer Klass hunn. Am Kloertext géif dat bedeuten, datt zum Beispill Franséisch oder Mathé géif op de jeeeweils ugepassten Niveauen enseignéiert ginn.

Mir sinn derfir, datt d'Schüler, déi aus der Primärschoul kommen, nach zwee Joer gemeinsam enseignéiert solle ginn an dës Zäit intensiv genotzt soll ginn, fir eng éischt Orientatioun op e spéidere Beruff ze determinéieren.

Et muss ee soen, datt déi aktuell Orientatioun - an ech menge meng Virriednerin huet dat och gesot - eng eenzeg Katastroph ass. Si ass quasi inexistent. Dir hutt et an anere Wieder gesot, mä Dir hutt et awer gemengt.

(Interruption)

Si ass quasi inexistent; gesitt Der, mir soen datselwecht.

Dozou ass ze soen, datt et ronn 600 verschidde Beruffer gëtt. Orientatioun heescht, datt een d'Stärkten an d'Schwächte vun de Schüler uerdentlech evaluéiert an en entspriechende Profil erstellt. Et gehéiert och dozou, datt d'Schüler mat de beruffleche Méiglechkeeten, déi sech hinne bidden, bekannt gemaach ginn. Dat setzt awer eng entspriechend Formatioun vun den Enseignantéi viraus.

D'Orientatioun muss sech och un de viraussiichtleche beruffleche Chancen ausrichten. Et huet dach kee Wäert, fir a Beruffer auszebilden, wou ganz weineg Chancéi bestinn, fir spéider eng Aarbecht ze fannen.

Da soll d'Orientatioun no Méiglechkeeten den individuellen Interesse vum Schüler Rechnung droen. No Méiglechkeet selbstverständlech. Fir Erfolleg ze hunn, muss een och Freed un där Aktivitéit hunn, déi ee spéider wëllt ausféieren.

Et muss och e fundamentaalt Ëmdenken an der Approche kommen, mat där an de Schoule mat de Schüler verfuert gëtt. Fir méi prezis ze sinn: Et muss dorëm goen, d'Stärkte vun engem Schüler erauszefannen a se ze förderen, amplaz fir se wéi bis elo fir hir Schwächen ze bestrofen.

Här President, no dëse méi allgemenge Considératiounen wëll ech e puer Punkte vum Projet usprieche. Mir si selbstverständlech mat der Zilsetzung vun dësem Projet d'accord, der qualitativer Verbesserung vun der Formation professionnelle a virun allem dem Erofsetze vum Taux d'échec an der Zuel vun deenen, déi d'Schoul ouni Qualifikatioun verloossen.

Här President, de gesetzleche Kader ass dat eent; wéi e mat Liewe gefëllt gëtt, ass eppes anescht. An de Rapporteur huet hei vun deene 26 Règlements d'exécution geschwat, déi an deem Zesammenhang musse geholl ginn. Do si mer awer, wat d'Exekutioun ubelaangt, dach e bësse skeptesch.

Woufir? Well mer eis ëmmer nach an engem, eiser Meenung no, ze rigide Kader befannen, dee sech motivatiounshemmend auswierkt. Mir hu konkret Virstellungen, déi an eng aner Richtung ginn doriwwer, wéi een de Schouleng engersäits wesentlech méi Gestaltungsspillraum a pedagogesche Fräiraum gëtt, an anersäits méi Konkurrenz am Sënn vun der beschränkelecher qualitativer Offer tëschent de Schouleng an d'Spill bréngen kann. Mä datt ass e Kapitel, wat eis an d'grundsätzlech Opstellung a Strukturatioun vun der Lëtzebuerger Schoul féiert an dat sprengt ganz sécher de Kader vun der aktueller Debatt.

Mir begreissen trotzdem d'Approche, déi gewielt ginn ass, déi virun allem, vis-à-vis vun der aktueller Situatioun, méi eng individualiséiert Attitüd erlaabt.

Et bleiwen eisersäits nach e puer Froen: Wéi ginn d'Ausbilder forméiert, a virun allem, wéi gëtt hir Aarbecht evaluéiert? Och do muss e Suivi kommen. Wéi gutt ass, oder wéi vill besser gëtt an Zukunft d'Zesammenaarbecht tëschent Schoul a Patron? Déi ass, eisen Informatiounen no, bis elo nach laang net ëmmer positiv gewiescht. Wat de modulare System ubelaangt, beuerteile mer dee grundsätzlech positiv, mä et fret ee sech, wéi dat, ënnert den aktuelle Konditiounen, an der Praxis kann ëmgasat ginn.

Mir begreissen och, datt an Zukunft manner Schüler an eng Sakgaass geroden a lues a lues ëmmer méi wäit no ënnen orientéiert ginn, mä datt se wierklech d'Chance kréien, fir sech ze verbessern a sech och no uewe kënnen ze orientéieren an an eng besser Filière eropzeschaffen. Mä et feelt plazeweis dach u Passerellen, besonnesch um Niveau vu CCP an DAP.

D'Fro vun der Evaluatioun ass och ugesprach ginn. Dat ass en neien Terrain. Och eisersäits ass do eng gewësse Skepsis. Wéi soll dat vir sech goen? Wéi fiabel ass et? Wat kënnen d'Eltere mat der Evaluatioun ufänken? Wat kann de Patron herno domat ufänken? Et war ee bis elo un en Examenssystem mat Punkte gewinnt. Do wäerte mer awer nach eng Partie Erfarunge sammelen müssen.

Och déi nei Bezeechnung fir d'Diplomer hätt ee sech awer vläicht kënne spueren. Et mécht et op jidde Fall net méi einfach an et bréngt net vill. Wat awer zielt, dat ass, wat déi jonk Leit leschtennens kënnen, an hir Bereitschaft fir sech permanent weiterzubilden. Och dat ass jo e Sujet am Kader vun dëser Debatt.

Här President, ech wëll schlësse mat der Hoffnung, datt mer an engem Domän, dee vun enger primordialer Wichtigkeet fir vill Jonker a fir eist Land ass, haut e Schratt

virukommen, och wann nach eng Partie Skepsis bleift. Dat gesot, wëll ech trotz allem soen, datt eis Fraktioun dëse Projet stëmme wäert.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Och mengem Kolleeeg Rapporteur Félicitatiounen fir säin explizite Rapport. Dee war esou kloer, dass een e bis an de Lycée technique vun Esch héieren huet, an ech mengen, dass och jiddereen heibanne verstanen huet, wat hie gemengt huet.

Et ass schwéier no esou vill Riedner, déi am Fong déi positiv Aspekter an och eng Rei negativ Aspekter vun deem Projet virbruecht hunn. Et ass kloer, dass, wann e Projet doläit, net alles esou kann drakommen, wéi deen een oder deen aneren dat gär hätt. Herno ass et ëmmer e Konsens, an dofir ass et scho gutt, dass en an de Kommissiounen ausdiskutéiert gëtt an dann hei nach eng Kéier dat virbruecht gëtt, wat engem net gefält.

Ech wëll och elo direkt am Virfeld soen, dass den Amendement vun der grénger Fraktioun mer sympathesch ass, well och eng vu mengen Iddien - besonnesch an der Berufsorientéierung - ass ëmmer gewiescht, fir eng Cellule d'évaluation oder eppes an deem Genre ze maachen, fir dass de Kanner hir Valeuren an hir Talenter scho fréizäiteg kënnen an der Primärschoul erkannt ginn. Et klappt beim Sport, et klappt an der Kultur, firwat soll et net och an der Berufsausbildung klappen, dass een do scho ganz fréi kann evaluéieren, a wat fir eng Richtung een d'Kand kann drainéieren.

Ech hunn awer ee Problem: Wa mer elo deen Amendement do stëmme, an déi Gréng stëmme dann herno d'Gesetz net, wat maache mer dann? Well d'Madame Loschetter huet gesot, déi Gréng géifen d'Gesetz net stëmme. Dofir froen ech: Wa mer deen Amendement dann elo hei stëmme, stëmmt Dir dann och d'Gesetz? Mä gutt, dat ass awer Äre Problem, dat ass net mäin. Ech wollt just bemierken, dass Dir eis awer elo an eng gelunge Situatioun hei bréngt.

» **Une voix.** - Elo hutt Dir nei Frënn hei am Sall.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Do maacht Dir elo e Spagat.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Gelift? Madame Loschetter, deen Een-zegen, deen hei nach ni e Spagat gemaach huet, dat sinn ech. Ech wëll lech dat awer emol soen. Kënn Dir lech dat iwwerhaapt bildlech virstellen?

» **M. le Président.** - Här Jaerling, loosst lech net provozéieren a fuert virun.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Här President, ech gleewe kaum, dass ee mech nach ka provozéieren.

Den Här Castegnaro huet et hei ugeschnidden, dass mir en Handwierk geléiert hunn. Do wëll ech zwar soen, dass mer deemools, wéi mer en Handwierk geléiert hunn a wéi mer den éischte Fouss an d'Léierbud gesat hunn, eisen Diplom schonn esou gutt wéi an der Täschen haten. Spéider, fir dann nach weider ze goen, fir d'Meeschterprüfung ze kréien, dat war e bësse méi schwéier, mä mir hunn dat jo awer och gepackt. Also, ech muss lech éierlech soen, dass ech heiansdo net verstinn, wou haut d'Problemer an der Educatioun sinn. Wann Dir gesitt, wéiwäit e Mënsch ka kommen, muss ech soen, da verstinn ech et einfach net.

Spaass op d'Säit. Wat mech awer och stéiert un dësem Gesetz, dat ass, dass d'Berufsorientéierung effektiv e bëssen op der Streck bleift. Wat elo dat Versprieche betrëfft, dass spéider e Gesetz iwwert d'Berufsorientéierung soll nogereecht ginn, do wär et fir mech dat Elementaartst gewiescht oder dee wichtigsten Aspekt, virun dësem Gesetz emol e komplett Konzept fir d'Berufsorientéierung ze hunn. Ech mengen, do kann ech deene Virriedner nëmme Recht ginn, déi dat hei virbruecht hunn.

Ech wëll an deem Kontext och e bësse vun der sozialer Verantwortung vun de Betriber schwätzen, déi elo hei ronderëmposauen, wéi wann eis Kanner all domm wieren an net liesen an net schreiwe kéinten. Wa se eng sozial Verantwortung hätten, da géife se och där Kanner huelen, anstatt deen einfache Wee ze sichen: 70 km ronderëm higoen a fäerdege Aarbechtskräfte rekrutéieren, an eis Kanner op der Streck

loossen. Ech mengen, dat soll och emol eng Kéier kloer gesot ginn. Et kann een net einfach soen, eis Kanner si kourommel-domm, an da gi se ronderëm ofgrasen. Dat huet dee vun der...

(*Interruption*)

Dat stéiert mech jo net. Ech mengen, et ass deemno vu wou dass et kënt.

» **M. le Président** - Här Braz, loosst elo den Här Jaerling schwätzen!

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Ech wëll einfach soen, dass een, deen en Hand-wierk geléiert huet - an et gëtt och Kanner, déi en Handwierk net nëmme léieren, fir bei d'Fonction publique ze goen; déi meescht léieren en Handwierk, well se eben dat als Berufung fillen an eppes mat hiren Hänn wëlle schafen -, do wär et och un de Betriber, fir heiansdo emol d'Dieren opze-maachen an déi eranzehuelen, hinnen eng Chance ze ginn, fir sech selwer ze ent-wéckelen, anstatt se op der Streck ze loossen. Am anere Fall hu mer se herno erëm a Beschäftigungsmesuren oder an iergendwelchen anere Mesuren a mir kréie se net ënnerdaach, ebe well dat Zesum-mespill, dat hei esou grouss gelueft gëtt, Betrib a Schoul, op deem Niveau net klappt.

Dat ass de Problem, dee mer hunn, an ech géif mengen, dass mer och an deem Beräich nach eng Kéier mussen awierken a kucken, dass do jiddferee seng Respon-sabilitéit iwwerhëlt. Ech géif mengen, dat Meescht ass gesot ginn. Ech wollt just nach déi puer Wieder bäifügen, Här President, an ech soen lech Merci.

» **M. le Président** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Spautz.

» **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Här Pre-sident, Kolleeginnen a Kolleegen, no dem Rapporteur, an och den exzellenten Aus-féierunge vun deenen eenzelnen Orateuren an den Ausféierungen vu menger Partei-frëndin Françoise Hetto, wëll ech mech a menger Interventioun op zwee Aspekter beschränken.

Erlaabt mer awer am Virfeld ze soen, dass dëse Projet e Projet ass, dee sech mat der Zukunft vun eisem Land beschäftegt, dass dëse Projet esou eng grouss Wichtegkeet a Bedeitung huet, dass en, wat den Ordre du jour an den Timing ubelaangt, zu enger anerer Auerzäit vläicht méi hätt misse berücksichtegt ginn, well hei geet et ëm d'Zukunft vu Lëtzebuerg, et geet ëm d'Zukunft vun eiser Jugend. Nëmme wa mir et fäerdeg bréngen, an eis Ausbildung ze investéieren, a wa mir et fäerdeg bréngen, gutt qualifizéiert Leit ze hunn, da maache mer och eppes fir de Räichtum vum Land. Dofir ass et wichtig, dass mer dës Reform kréien an domadder och eiser Jugend eng Chance ginn, fir um Maart kënnen ze bestoen.

Elo awer déi zwee Aspekter, déi ech kuerz wëll méi genee belichten. Den éischte Volet ass dee vun der Qualifizierung vun deene Jonken. Mat dësem Projet gëtt versicht - an ech hoffen, dass et och Realitéit gëtt -, alle Jonken hei am Land eng Qualifikatioun ze ginn. Zumindest ass dëst eist Zil, och wa mer alleguerte wëssen, dass et leider wäert e fromme Wonsch bleiwen. Mir hunn zënter Jore vill ze vill Schoulofbriecher, sief et well se keng Loscht un der Schoul hunn, sief et well se Schwieregkeeten hunn, an der Schoul oder och privat, och mat sech selwer. Well mir an dësem Kontext weder d'Elteren nach déi Jonk eleng däerfe loossen, si mer alleguerte gefuerdert. Dëse Projet stellt zumindest eng gutt Basis duer, fir dësem Zil méi no ze kommen.

Mat der Aféierung vun de Modular beim Erléiere vun engem Beruff, also net méi aus-gericht op Punkten, wou mer jo bis ewell nom Prinzip gefuer sinn, virun allem no de Feeler ze sichen an dat dem Schüler och esou ze vermëttelen an en domadder net grad ze stäerken an der Iddi, e kéint eppes, fuere mer dann elo nom Prinzip, wat de Schüler effektiv kann.

Dëse Prinzip wäert et och der Schoul erméiglechen, méi no un dat erunze-kommen, wat d'Ekonomie vun hir verlaangt, an zwar Leit, Jonker ze forméieren, déi net nëmmen d'Wëssen ugesammelt hunn, mä dëst Wëssen och konkret ëmsetze kënnen. Et bleift ze hoffen, dass et eiser Schoul wäert geléngen, dëse Wee och ëmze-setzen. D'Base légale dofir an déi richteg Usätz sinn elo do oder ginn an e puer Mi-nutten dofir geschaf.

Wat geschitt awer mat all deene Jonken, déi bis elo duerch de System gefall sinn? Besteet fir si nach eng Méiglechkeet, erëm an de Schoulsystem eranzeklappen? Wa se net vum Apprentissage pour adultes profitéiere kënnen, well se do verschidde

Konditiounen net erfëllen, huelen d'Schoule se dann erëm? Och wa se méi al si wéi 18 Joer? Ass do eng Ouverture, déi mer elo um theoretesche Plang schafen? Ass et och garantéiert, dass dat an deenen eenzelne Gebaier geschitt an dass och déi Schüler, déi net méi ënnert d'Obligation scolaire falen, erëm eng Kéier zrëck kënnen an d'Schoulbänk kommen?

Ass et dann awer och gutt - ech weess, elo wäerte verschidde Kollege soen, elo sees de genau de Contraire wéi 30 Sekonne vir-drun -, ass et gutt, wa mer 15-Jähreger an 19-Jähreger zesummen an eng Klass setzen?

Ass och dat net eng Fro, déi ee sech muss stellen, ob dat gutt ass fir d'Entwécklung vun deem 15-Jährege wéi och fir d'Ent-wécklung vun deem 19-Jähregen?

Ass beim Erléiere vun engem Beruff dru geduecht ginn, net nëmmen d'Langue véhi-culaire virun allem op Däitsch ze maachen, mä och dass verschidde Fächer mussen op Franséisch gemaach ginn? Ech stelle mer oft d'Fro - an ech weess, dass mer déi 150.000 Grenzgänger brauchen, déi all Dag eriwuerkommen -, ob deen däitsche Fron-talier, deen eriwuerkënt, weess, wien de Victor Hugo ass? An ech froe mech bei deem franséischen, ob deen onbedéngt weess, wien de Goethe ass?

(*Interruption*)

Meng Fra seet mer ëmmer: Wa meng Wäschmaschinn futti ass, ass et mer am Fong egal, ob den Elektriker, dee se fléckt, Däitsch oder Franséisch kann, ech wëll wëssen, ob meng Wäschmaschinn erëm geet.

Vun deene Leit an eisem Schoulsystem ver-laange mer awer, dass se Däitsch a Fran-séisch perfekt beherrschen. Wa mer awer d'Leit op Idar-Oberstein an op Nanzeg siche ginn, da froe mer se net automatesch, ob se Däitsch oder och Franséisch kënnen.

Ech mengen, dat solle mer och berück-sichtegen an den zukünftigen Ausbil-dungsweeër, well et wichtig ass, dass eis Ekonomie qualifizéiert Leit kritt.

Dat gëtt mer elo och d'Méiglechkeet, fir op mäin zweete Punkt anzegoen, an dat ass dee vun der Berufsberodung. Et si scho verschidde Kolleegen dorop agaangen. Ech mengen, et wier wichtig, och wann dat net direkt an dësem Projet de loi berück-sichtegt ginn ass, dass mer schnellst-méiglech dat Gesetz kréien iwwert d'Berufsberodung.

(*Mme Anne Brasseur prend la Présidence*)

Vill Problemer, déi och haut de Mëtteg uge-schwat gi sinn, a vill vun deem Pourcentage vun deene Schüler, déi ofbriechen, sinn ent-stanen, well d'Eltere respektiv déi Jonk sech iwwert d'Konsequenzen net bewosst ware vun deem Beruffs- a Bildungswee, dee se ageschloen hunn. Well een do oft fest-gestallt huet, dass an der Koordination tëschent der Informatioun an der Beruffs-ausbildung vun der ADEM, vun der Infor-matioun an der Schoul a vun de schéinen Dépliants, déi an de Betriber ausgedeelt ginn, net ëmmer alles iwwereneeklappt.

Duerfir ass et wichtig, dass mer och do endlech Neel mat Käpp maachen. Ech ginn e Beispill, wat ech viru kuerzem héieren a souguer erlieft hunn, wou een an enger Schoul erkläert kritt, du muss deen dote Wee maachen, fir en Diplom ze kréien, wou dann de BIZ vun der ADEM duerno genau de Contraire seet: Du däerfs net mam CATP ufänken, mä du muss fir d'éischt Technique général hunn, soss ass de Wee der verbaut.

Do ass et och wichtig, dass mer et fäerdeg bréngen, eng Koordination ze maachen tëschent der Berufsberodung vum Arbeits-amt, tëschent dem Ministère de l'Éducation, an ech wëll och nach zwee aner Ministère mat eranhuelen, dat sinn de Ministère vun de Classes moyennes an de Ministère vun der Ekonomie. Well dat sinn déi, déi d'Aarbechtsplazen an d'Land bréngen. Dat sinn déi, déi kucken, fir d'Aarbechtsplazen unzesichen. Duerfir sollen och déi Leit do mat agebonne ginn.

Et muss och kloer sinn, dass mer all Ju-gendlechen d'Chance solle ginn, dat ze léieren, wat hie wëllt. Mä et muss ee sech awer och bewosst sinn, dass mer ver-schidde Beruffer hei am Land net 50-, 100-, 200- an 300-mol kënne gebrauchen. Wann ee Mieresbiolog wëllt ginn - mat der belscher Kris weess een zwar elo ni, ob Lëtzebuerg net op eemol méi grouss gëtt a mir awer um Mier leien -, da muss et engem bewosst sinn, dass Lëtzebuerg kee Mier huet, a wann een dat léiert, dass een net kann zum Lëtzeburger Stat soen: Du muss mer och elo hëllefen, eng Aarbechtsplaz ze fannen.

(*Interruption*)

Oh, op der Musel, do gëtt awer kee Mieres-biolog gebraucht, Här Gibéryen.

Mä wa mer awer 50 Schräiner pro Joer aus-bilden an 30 Jofferen oder Meedercher oder Jongen, fir a Reesbüroen ze schaffen, jo dann, Dir Dammen an Hären, léif Frënn, ech weess net, ob mer all Joer 50 Schräiner, 30 Leit, déi an e Reesbüro schaffe ginn, 300 Informatiker an esou vill Educateure brauchen!

Duerfir ass et ebe wichtig, dass mer d'Schüler beroden am Virfeld. Wa mer och elo soen: Et ass wichtig, dass der en Diplom hutt; wann der en Diplom hutt, hutt der eng Chance um Aarbechtsmaart. An zu deeneselwechte Jugendleche soe mer an dräi Joer oder véier Joer, jo, du hues zwar elo en Diplom, mä elo hues de awer en Diplom, deen um Aarbechtsmaart net méi gebraucht gëtt, dann Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dann hu mer eis och un eiser Jugend, un eise Kanner an un eise Kandskanner ver-sënnegt.

Fir mech an och fir eis ass et kloer, dass et wichtig ass, dass mer dat brauchen, wat eis däitsch Noperen nennen, de Fach-aarbechter an der Industrie, wou et kloer ass, dass déi Leit eng Basisformatioun hunn, souwuel am Technesche wéi an der praktescher Erfahrung, sou dass et duerno och méiglech ass, déi néideg Ajustement-er séier ze maachen, wann den technesche Volet virugeet.

Et ass och héich Zäit, dass mer an deem Beräich endlech e koordinéierten Text kréie fir d'Berodung, an ech sinn zouversicht-lech, dass d'Madame Educations-ministesch zesumme mam Aarbechts-minister a mat hiren anere Kolleegen an der Regierung et och séier wäert fäerdeg bréngen, fir endlech och esou en Text eranzeginn, fir dass mer dee kënnen op de Wee ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et elo fäerdeg bruecht, en neien Text ze bréngen. Deen Text ass ge-schriwwen. Deen Text ass d'Lidd, sou hunn ech mer dat virgestallt, an elo ass et awer wichtig, dass mer och eng Melodie dora kréien. An den Här Castegnaro huet et scho gesot: Net manner wéi 26 Règlements grand-ducaux kommen no. Et ass deemno och wichtig, dass mer och elo déi Regle-menter kréien, well eleng mam Gesetz ouni déi néideg Reglementer oder ouni dass och déi néideg Reglementer an déi richteg Richtung ginn, hu mer zwar e schéinen Text geschriwwen, awer d'Melodie passt net.

Ech wier op alle Fall frou, wann dëst Gesetz, dësen Text, dëst Lidd géif e populäert Lidd ginn hei am Land, wou jiddfereen och den Text an de Refrain kéint matsangen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix** - Très bien!

(*Interruptions diverses*)

» **Mme le Président** - Dee leschten agedroene Riedner fir haut ass den Här Eugène Berger.

» **M. Eugène Berger** (*DP*).- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, et ware schonn eng Rei Riedner a Riednerinne viru mir hei um Pult, duerfir si scho ganz vill Saache gesot ginn an ech ka mech duerfir op e puer Remarquë be-schränken.

Ech wëll awer och nach eng Kéier dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëfftlechen a mëndleche Bericht.

Et gëtt sécherlech eng Rei positiv Usätz an dësem Gesetzestext, dat muss een un-erkennen. Mä et bleiwen awer och nach nom Vote verschidde Schwaachstellen an eiser Beruffsausbildung zu Lëtzebuerg be-stoen.

Wat ech virun allem vermëssen, dat ass en duerchgehend Konzept vun ënnen erop, vun der Primärschoul bis herno no der Schoul an no der Ausbildung bei d'For-mation continue. Esou e Konzept läit net um Dësch.

D'Basis vun der Beruffsausbildung läit schonn an der Primärschoul an hei mussé sécherlech nach zousätzlech Effortë gemaach ginn, fir den Image an den Attrait vun den handwierkleche Beruffer ze ver-besseren an och méi attraktiv ze maachen.

Dat ass e Problem, deen elo net eleng e Problem vun der Politik ass. Dat ass wierk-lech eppes, wat sech - géif ech soen - och iwwert d'Jore kollektiv an d'Denke vun den Elteren hei zu Lëtzebuerg festgesat huet. Ech war an engem fréiere Liewe Schoul-meeschter. Do hat ee klassesch Zeenen am Ufank vum Joer, net nëmmen, wann een e 5. oder e 6. Schouljoer hat, mä och schonn

am 1. oder am 2. Schouljoer. Ech ka mech nach genau un eng Mamm erënneren, vun där d'Kand an d'2. Schouljoer komm ass, déi déi éischt Schoulwoch bei mech komm ass a gesot huet: Wat muss ech maachen, fir datt mäi Kand herno an de Classique kënt? - Dat war hir eenzeg Suerg.

Et war dee Moment schwiereg, fir ze soen, majo kommt, mir kucken emol, wat d'In-térête sinn, wat d'Fäegkeete si vum Kand, a kucken, datt mer dat développéieren a stäerken. Mä neen, et ass wierklech nëmmen deen eenzegen Objectif ge-wiescht, datt herno d'Kand soll an de Classique kommen.

Et gëtt sécherlech eng Rei Ursaachen, fir-wat dat esou ass. Ënner anerem well den Technique net ëmmer esou iwwersiichtlech war, well déi ganz Formation professionnelle bei de Leit oft e grousst Frozeeche war. Sécherlech och, well den Technique an dann déi uschlëssend Beruffsausbildung oft als zweete Choix ëmfonnt ginn ass, wat och nach haut zum Deel de Fall ass. Déi soi-disant gutt Schüler an eisem System, déi éischter an de Sproochen an an der Mathe-matik staark sinn, déi ginn automatesch dohinner orientéiert, an déi soi-disant manner gutt Schüler ginn automatesch an den Technique orientéiert.

Mir musse kucken, datt mer och do also usetzen, fir schonn an der Primärschoul d'Mentalitéiten ze verännern, datt mer och konkret an der Primärschoul, d'zukünfteg Grondschoul, nei Usätz fäerdeg bréngen, datt mer zum Beispill do och fir méi manuell Fäegkeete Kompetenzsockelen definéieren, datt mer do och den Attrait vum Handwierk verstäerken, datt mer do Aktioun- lan-céieren, fir datt och d'Schüler am Primaire scho méi an de Kontakt komme mat den Handwerksberuffer.

Et ass haut relativ normal an der Primär-schoul, datt een eng Kéier an eng Biblio-théik geet, datt een eventuell e Schrëftsteller an d'Klass invitéiert. Et ass awer vill méi selten, datt ee seet, komm mir ginn emol eng Kéier mat de Kanner an e Betrib kucken, wéi et do fonctionnéiert, respektiv datt een eventuell och en Handwerker an d'Klass invitéiert an dann d'Schüler do-madder konfrontéiert. Et ass also immens wichtig, datt een do schonn ufänkt an datt een dann herno domadder weiterfiert.

En zweete Schwaachpunkt an deem Gesetz, an et ass och schonn oft gesot ginn, ass dee vun der Orientatioun. Mir wëssen, datt d'Beruffswelt, d'Beruffsbiller, d'Beruffsuferderungen am konstante Wandel sinn, an duerfir misst also déi per-manent an adequat Orientatioun während der Schoulzäit e besonnenes Stelleväert kréien. Mir wëssen, datt dat an dësem Text hei ausgeklamert ass. Et bleift e grouse Manko an deem ganzen Domän vun der Beruffsausbildung.

Wann den Technique et och weiderhin er-méiglecht, fir weiderstudéieren ze goen - do si Brécke gebaut -, solle mer awer och kloer soen, datt den Technique an d'Beruffs-ausbildung net sollen eng „Copy light“ si vum Classique. D'Beruffsausbildung däerf net ze vill akademesch sinn, si muss virun allem op d'Praxis an op d'Kompetenzen am Beruff ausgericht ginn, an dat soll dann och dem Technique seng Stäerkt sinn.

Sécherlech sinn am Gesetzestext e puer Akzenter duerfir gesat ginn, fir dat ze er-reechen. Eng méi praxisorientéiert Aus-bildung ass virgesinn. Nei pedagogesch Usätz sinn och virgesinn. Ech wëll se nach eng Kéier kuerz erwähnen, ouni elo am Detail drop anzegoen.

Dat ass, op där enger Säit, de Modular-system, deen et méi speziell erlabe soll, datt de Schüler besser no sengem Rhythmus kann avancéieren. Och d'Method vun der Kompetenzverméttlung, an déi konti-nuéierlech Evaluatioun, amplaz vun engem punktuellen Examen, kann ech begrëissen, well se et erméiglechen, d'Schüler méi indi-viduell an differenzéiert ze ënnerstëtzen, ze fuerderen an ze förderen.

Hei ass eventuell och d'Geleeënheet fir den Technique, fir säin Image an enger ge-wëssener Aart a Weis ze verbessern, andeem hien e bëssen eng Virreiderroll kéint bei neie pedagogeschen Usätz spillen, déi jo vill fir déi aner Ordres d'en-seignement am Moment diskutéiert ginn.

Et muss een awer wëssen, den Text op där enger Säit ass eng Saach, an d'Praxis op där anerer Säit ass eng aner Saach. Et bleift ze fäerten, datt dat hei zwar schéin oder gutt Usätz sinn, gutt Virsätz, déi ee sech hält, mä datt déi um Terrain herno net kënnen ëmgësat ginn, Faute vu Personal, Faute vu Moyenen, Faute vu kohärente Konzepter, déi vläicht do feelen, fir dat kënnen adequat an d'Praxis ëmzesetzen.

Parallèll muss ee kucken, datt d'Programmer systematesch iwwerschafft ginn, dat heescht, datt een zum Beispill och schonn op den ënneschte Klassen am Technique kuckt an déi Richtung ze goen, zum Beispill - virdrun ass et och scho gesot ginn -, datt net d'Sproochufuerdnerisser op den ënneschte Klasse praktesch gradesou héich gesat si wéi am Classique, datt een do also kuckt méi ze differenzéieren.

E leschte Punkt - deen ee kéint am Beräich vun den ënneschte Klasse vum Technique situéiere respektiv an enger Etapp vun der Berufsausbildung - ass dee vum Préparatoire. Mir wëssen, datt mer am Préparatoire Schüler hunn, déi sécherlech net kënnen eng akademesch Carrière aschloen. Dat si Schüler, déi schonn am Primaire ganz vill Schwierigkeeten haten, an de sougenannten Haaptfächer, Sproochen, Mathematik. Deene Schüler soll eis besonnesch Opmierksamkeet gëllen, datt mer déi dozou bréngen, datt se op e Level kommen, datt se eng minimal Berufsausbildung kréie respektiv datt se och en Diplom kréien, fir kënnen an e Beruff ze goen.

Och hei muss ee feststellen, datt awer do de Moment nach déi Formation oder deen Ordre d'enseignement, fir et emol esou ze soen, net onbedéngt op d'Berufsausbildung zougeschnidden ass. Wann ech gesinn, datt zum Beispill déi Schüler do nach ronn 14, 15 Stonnen an der Woch Sproochfächer hunn, Mathematik hunn, awer nëmmen zwou bis véier Stonne Praxis hunn, da musse mer datt awer eng kéier op de Leescht huelen a kucken dat grondleeënd ze iwwerschaffen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, déi puer Remarquë gemaach, wéilt ech soen, datt hei sécherlech gutt Usätz sinn, awer nach eng Rei Puzzlestécker an deem ganze Komplex vun der Berufsausbildung feelen. Mir mussen also wëssen, datt déi nach musse bäikommen. Haut den Owend schlësse mer net e Projet of, wa mer dee Projet hei stëmmen, mä haut den Owend geet am Fong geholl d'Aarbecht eréischt esou richtig un, fir datt mer och nach déi aner Elementer do kënnen bäiflécken, fir datt mer dat Ganzt och kënnen an der Praxis ëmsetzen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Domat ass d'Riednerléscht vun den Deputéierten ofgeschloss, an ech géif elo d'Wuert un d'Regierung ginn, un d'Madame Delvaux.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll Merci soen, fir d'éischt dem Rapporteur fir säi Rapport, fir dee komplizéierte Rapport, an all menge Virriedner.

Och wann ech verstanen hunn, dass net jiddferen heibannen dat Gesetz wäert stëmmen, hunn ech awer eigentlech méi positiv Téin héiere wéi negativer. Positiv am Sënn, dass et e Schrëtt an déi richteg Richtung ass. Fir déi Leit, déi et nach net géife wëssen, wollt ech soen, dass all Gesetz, wat ech hei déposéiert hunn, wat d'Schoul, d'Schoulreformen ugeet, drëm geet, dass mer d'Qualifikatioun vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, verbessern. Dat ass dat iwwergeuerdnet Zil. Et geet ëmmer dorëms: Wat maache mer, fir d'Qualifikatioun méiglechst ze verbessern?

Ech wollt der honorabler Deputéiert, déi elo hei presidéiert, soen, dass dat selbstverständlech net heescht, dass mer engem en Diplom nogehelen, mä et geet drëm, d'Inhalter ze préiwen an ze kucken, wat mer maache kënnen, fir dass d'Leit an där Welt, déi ëmmer méi komplizéiert gëtt, esou outilléiert sinn, dass se sech kënnen erëmfannen.

Och dat heite Gesetz iwwert d'Berufsausbildung klasséiert sech an dee Kader fir d'Qualifikatioun ze verbessern. Et gëtt dräi grouss Objektiv: éischtens, d'Formation professionnelle, d'Berufsausbildung ze moderniséieren an ze verbessern; zweetens, an dat läit mer immens um Häerz an ass ganz wichteg, dass ee säi ganz Liewe laang en Accès zur Berufsausbildung huet a kritt; drëttens, d'Zuel vun den Échechs scolaires ze reduzéieren.

Dat sinn déi dräi Objektiv vun deem Gesetz. Duerfir soen ech, dass et, ech hunn dat Wuert eigentlech net ongär, e Modernisatiounsgesetz ass. Et ass e Gesetz, wat eise Schoulsystem soll moderniséieren. Dat ass wichteg fir eist Land a fir dat iwwergeuerdnet Zil vun der Qualifikatioun. Domadder placéiere mer eis och ganz resolut an d'Stratégie de Lisbonne, wat heescht, dass mer d'Formation ëmmer erëm renouvéléieren an aktualiséiere mussen. Dat ass wichteg fir d'Kompetitivitéit vum Land, et ass wichteg fir d'Kompetitivitéit vun Europa, an et ass wichteg fir déi perséinlech Entfaltung vun de Leit.

Wann dat och oft esou dohinnergestallt gëtt: „Jo, liewenslaang léieren!“, wëll ech soen, dass dat eigentlech wéi e roud Fuedem doduerch geet, an dat heescht och, dass ee sech muss bewosst sinn, dass, wann een eng Formation net an der Formation initiale kritt huet, et ëmmer méiglech ass, a sengem Liewen déi Formation nozehuelen. Dat hei ass e Gesetz vu Passerellen, wou een de Leit seet: „Gutt, maach elo emol e Stéck vun denger Ausbildung, an du hues all Moment d'Méiglechkeet, fir zrëck an de System ze kommen an déi Ausbildung nozehuelen, déi s de an der Formation initiale net gepackt hues.“ Duerfir ass dat esou eppes Wichteges, an duerfir sinn och Passagen iwwer „liewenslaang léieren“ am Gesetz, ouni dass déi Gesetzer extra opgefouert sinn.

Mir hunn nach virun e puer Wochen hei an der Chamber e Gesetz gestëmmt, alles wat d'Formation continue ugeet. Ech mengen, den INPC, d'Simplification administrative, den Accès individuel zur Formation, de Congé individuel de formation, d'COIPs-Klassen, alles dat placéiert sech an déiselwecht Perspektiv, ëmmer erëm, dass et muss méiglech sinn, sech säi Liewe laang weiderzebilden a sech weider certifiéieren ze loosson. Allerdéngs, an hei ass d'Häerzstéck vum Gesetz, geet et ëm d'Formation initiale, ëm déi éischt Ausbildung, well mer wëssen, dass, fir richteg kënnen vun der Weiterbildung ze profitéieren, et immens wichteg ass, dass een e méiglechst héije Grad vu Formation initiale huet. Wat ee méi eng héich initial Ausbildung huet, wat ee méi profitéiert vun der Formation continue, dat weisen alleguerten d'Chifferen an d'Statistiken an der Welt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir schwätze jo elo vun der Berufsausbildung. Eigentlech misst ee froen: Ass dat iwwerhaupt nach e Begrëff? Ass net all Ausbildung eng Berufsausbildung? Well déi meescht Leit gi jo an d'Schoul, fir eppes ze léieren, fir dann och hiert Liewen ze maachen. Et gëtt eigentlech keng Ausbildung, déi net zu engem Beruff féiert. An eiser Akzeptatioun vun der Berufsausbildung heescht dat elo eppes ganz Prezises: Dat ass eng Ausbildung, déi organiséiert gëtt zesumme vun der Schoul an de Partner vun der richteger Welt, wann ech därerf esou soen. Souwuel d'Patrone wéi d'Gewerkschaften an d'Chambres professionnelles sinn also staark doranner implizéiert. Dat ass eis Definition vun enger Berufsausbildung. Dat ass eng extra Form, wéi en Unterrecht organiséiert gëtt.

Mä, sot mer emol, e Schoulmeeschter, deen ausgebilt gëtt, dat ass eng Berufsausbildung; en Dokter op der Uni ass eng Berufsausbildung. Duerfir wëll ech hei prezis soen: Wat mer elo definéieren, ass eben déi Form, déi mer hunn, d'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Welt. An ech mengen iwwerens, dass dat d'Zukunft ass vun der Ausbildung, well mer ëmmer méi déi prestigiéis Schoule gesinn, déi d'Ouverture sichen, déi probéieren, Partner ze fannen, fir dat Praktescht mat deem Theoretischen ze kombinéieren a fir hire Kanner, hiren Enseignanten d'Welt opzemaachen an d'Schoul och opzemaache fir dat, wat dobauss geschitt.

Duerfir wollt ech och soen - an dat huet mech e bësse perturbéiert an den Diskussiounen hei virdrun -, et ass wichteg, verschidden Notioune kloerzestellen: Dat fënnt statt an engem Lycée technique. Deen elo de Moment nach ëmmer Lycée technique ass. Et ass e Lycée. An an engem Lycée technique hu mer e Régime technique. An de Régime technique ass, wann ech dat ka soen, eng normal klassesch Ausbildung, wou een op 7^e ufänkt

a mat enger 13^e erauskënnt. Déi heescht zwar 13^e, mä ass awer equivalent mat enger Première. Well alleguerten déi Schüler, déi an engem Régime technique, an engem Lycée technique eng 13^e maachen, hunn en Accès op eng Uni, net op eng spezial Uni, mä déi hunn e vollen Accès op eng Uni. An dat ass, mengen ech, wichteg hei ze ënnersträichen.

Duerfir stéiert et mech esou, wann ech Leit hei héieren, déi anscheinend esou am Intérêt vun eise Bierger an eise Schüler schwätzen, an déi soen, et wär eng Zweetklasseschoul.

(Interruption)

Dat ass eng Schoul, déi absolut eng Pist opmécht.

Ech wëll soen, wat den Hauptënnerscheid ass. Den Hauptënnerscheid sinn d'Exigenzen an de Sproochen. Dat heescht, an eise sougenannte klassesche Premieren ass en immensen Akzent dorop geluecht, dass een Däitsch a Franséisch op praktesch deemselwechten Niveau kann, während bei enger 13^e vum Régime technique, mat där een en Accès zur Uni kritt, et méiglech muss sinn - loosse mer soen -, dass een zwou Sproochen kann, mä dass een an enger Sprooch eventuell manner kompetent wär, fir op d'Uni ze kommen. Dat ass awer deen eenzegen Ënnerscheid. D'Exigenzen an de Sciencë si menger Meinung no méi héich op den 13^e-techniquë wéi op verschiddene Sektione vun der Première classique.

Duerfir wëll ech dat eng kéier hei däitlech soen. Wat mer diskutéieren elo, ass dat, wat mer nenne Formation professionnelle, an do distinguéiere mer eigentlech dräi grouss Saachen:

1) d'Formation professionnelle de base

Dat ass eng Offer fir Schüler, déi d'Kompetenzniveauen net erreecht hunn, fir an eng Formation fir den DAP oder Technicien eranzekommen, fir dass déi eng Ausbildung kréien, déi mer dann CCP nennen. Ech wëll och do d'Wieder erklären. Dat ass e Certificat, dat ass keen Diplom. Deen ass an deem Sënn net qualifiant. Mä et ass awer eng Basis, fir kënnen, wann ee weider Modulë kritt, herno zu engem Diplom ze kommen.

A firwat heescht en „P“? Well et deen Ënnerscheid, deen ëmmer gemaach gëtt tëschent der Praxis an der Theorie, eigentlech net gëtt. Well et gëtt kee Praktiker, deen net och am Theoretischen eppes am Kapp huet. Ech hunn nach ni en Handwierker gesinn, deen nëmme praktesch schafft an deen net gesäit, wat fir een Objet e wëllt maachen. Dat heescht, d'Kompetenze si jo just d'Kombinatioun vun der Theorie an der Praxis an der Motivatioun, fir dat fäerdeg ze bréngen.

2) Da komme mer un d'Kategorie vun den Diplomer. Do ass den Numm geännert gi vun CATP op DAP, well dat e richtegen Diplom ass an net e Certificat. Dat ass also d'Formation professionnelle. Do hu mer zwou Filiären, also den Diplôme d'aptitude professionnelle op där enger Säit an op där anerer Säit den Diplom vum Techniker.

Wat charakteriséiert déi ganz Ausbildung? Éischtens - ech hunn dat gesot - d'Partenariat tëschent der Schoul an de Chambres professionnelles, salariales a patronales.

Dat Zweet, wat déi Formation professionnelle charakteriséiert an all hire Filiären, ass d'Alternance. Dat heescht, do ass ëmmer een Deel vum Unterrecht an der Schoul an een Deel am Betrib. A fir déi Alternance gëtt et zwou méiglech Formen. Dat eent ass de Régime concomitant, wéi mer e kennen. Dat heescht, du bass zwee oder dräi Deeg an der Woch beim Patron an een oder zwee Deeg an der Schoul. Dann ass een am Apprentissage. An déi aner Form vun der Alternance ass de Stage. Dat heescht, ech si meeschtens an der Schoul an ech gi blockweis an e Betrib.

Mä am Gesetz ass net gesot, wéi eng Formationen am Régime concomitant a wéi eng am Stage gemaach ginn. Dat hänkt vum Berufsbild of, vum Profil a vun den Opportunitéiten, déi sech stellen.

3) Den drëtten groussen Domän, deen hei wichteg ass, ass, dass mer iwwert d'Acquisitioun vu Kompetenze schwätzen an eben net méi déi Diskussioun hunn, deen do huet elo d'Theorie gepackt an elo muss en nach dat Praktescht maachen. Well nëmmen Theorie bréngt een net wäit, an dat Praktescht ouni Theorie geet net. Duerfir ginn déi Saachen ëmmer zesummen an duerfir ass dat dann och - an dat ass hei och vill gesot ginn - modulär organiséiert. Dat heescht, e Module certifiéiert engem, dass een déi néideg Kompetenzen, d'Wëssen, d'Kënnen an de Wëllen huet, fir dann dee Module do kënnen ze hunn.

Wat wichteg ass, e Module, deen een huet, deen huet een. Dat heescht, ech muss net, wann ech ee Stéck net gepackt hunn, dat ganz Joer erëm frësch maachen. Ech hunn dee Module och während enger gewëssener Zäit, deen ass fënnf Joer gutt am Prinzip. Dat heescht, wann ech och zum Beispill main Diplom fäerdeg hunn, ech hunn elo en DAP, ech hunn elo de Moment keng Loscht méi, an d'Schoul ze goen, da sinn déi Modulë gutt an ech kann no puer Joer soen, hei elo maachen ech gär déi Modulen derbäi, fir en Techniker ze ginn oder fir mer den Accès zur Uni ze ginn.

Ech mengen, wichteg ass, dass ee bei allem, wat d'Diplom heescht - Diplôme d'aptitude professionnelle, Diplôme de technicien -, Passerellen huet, fir kënnen säi Liewe laang weiderzéieren. An do ass eigentlech keng Limite no uewen. Do kann een an de BTS goen, et kann een en Doktorat maachen, wann een déi Modulen, déi engem feelen, nomécht. An et huet een Zäit, fir säi Liewen esou ze organiséieren, dass dat och méiglech ass. Dat gëtt also eng grouss Flexibilitéit, wat natierlech och e Problem ass fir d'Schoulen, well déi och mussen da méi eng grouss Flexibilitéit hunn, fir et ze organiséieren. Et ass ouni Zweifel eng grouss Erausforderung fir d'Schoulen.

Ech wollt nach ee Wuert soen zu deenen Examen do, well dat hei esou dorëmmer spukt. Also, wann ech soen, eng Kompetenz hues de, wann s de kanns beweisen an engem Module, dass de d'Theorie an d'Praxis hues, déi definéiert sinn. Natierlech si lauter eenzel Kompetenze keng global Kompetenz. Wann ech d'Beispill vum Bäcker huelen, dee Schlagsahn ka maachen an dann och nach Hiefdeeg an eventuell - wat weess ech? - Crème pâtissière, dann huet deen domadder nach net bewisen, dass en déi ganz Kompetenz huet.

Duerfir ass jo virgesinn, dass e Projet integré gemaach gëtt. Et ass also net esou, dass een einfach nëmmen d'Modulë muss zesummen additionnéieren, mä jiddferen, fir säin Diplom ze kréien, mécht e Projet integré, wou eben all Kompetenzen zesummen ofgefrot ginn.

Ech wollt och ee Wuert soen iwwert dat verpöntent Allgemengwëssen do. Well do gesot gëtt, jo, an da ginn d'Kanner mat Franséisch an Däitsch doutgeschloen. Ech mengen, dass deene meeschte Schüler a Schülerinnen hire Problem ass, iwwerhaupt emol op eng 10^e ze kommen. De Problem ass: Wéi kommen ech vun der Primärschoul erop bis op 9^e oder respektiv 5^e, fir dass ech kann eng Orientéierung hunn?

Do si mer jo amgaang, eng Monsteraarbecht ze maachen, fir d'Kompetenzen ze definéieren, och Filière pro Filière: Wat ass de Profil, deen ee muss hunn, fir kënnen mat Succès an déi Formation ze goen?

Ech wëll vläicht deene Leit eppes soen, déi ëmmer soen, ech brauch kee Victor Hugo an esou weider, an deen anere brauch net ze wëssen, wien de Goethe ass. Also, ech mengen, jiddferen huet e Recht, fir ze léieren, wann e Loscht huet, wien de Goethe a wien de Victor Hugo ass. Dat ass sécher net e Privileg fir verschidde Leit. Awer mir hu jo Kompetenzen, déi mer definéiert hunn. Mir hunn an de Sproochen véier Kompetenzen: Verstoen, Schwätzen, Liesen a Schreiwen. An dat kann ee ganz schéin opdeelen a soen, jiddferen muss deen doten Niveau am Verstoen hunn an en aneren Niveau am Schreiwen. Dat gëtt eis eng Flexibilitéit, déi mer net haten.

Ech wëll just soen, jiddferen muss kënnen verstoen. De Problem ass, wann een an d'Schoul geet oder och an eng Léier, do muss een eng Sprooch hunn, wou ee gutt genuch ass am Verstoen, well soss huet een nämlech keng Chance, well dat Fachwëssen ass ganz komplizéiert. Ech weess net, ob Der lech dat schonn ugekuckt hutt, mä dat Fachwëssen ass immens komplizéiert.

Et ass dat, wat mer amgaange sinn ze maachen. An dat Dokument geet des Woch bei eis am Ministère fort. Mir ginn dat an d'Konsultatioun fir d'Schoul. Ech kann der Chamber et gär schécken, wa se hiren Avis och wëllt dozou ginn, mä ech wëll soen, et muss ee sech Zäit huelen, fir sech domat auserneezenesetzen.

Sou dass ech géif soen, dat ass fir mech elo déi wichteg Aarbecht, déi mer amgaang sinn ze maachen.

Eng Saach, déi nach ganz wichteg ass an déi zu där ganzer Perspektiv gehéiert, ass dat liewenslaangt Léieren. Mir hunn am Gesetz hei d'Validation des acquis verankert. Dat heescht, et geet jo net duer, fir zu engem ze soen: Du kanns dech dāi ganz Liewe laang weiderbilden, du kanns op d'Uni goen, du kanns Diplomer

Chamber TV
weist all öffentlich Sëtzung
live an integral
mat enger Rediffusioun
all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

maachen. Vill Leit léieren iwwert d'Praxis, a mir soen dann net zu hinnen: Du muss elo beim Module 1 ufänken an dann déi 35 Modulë maachen, déi s de braucht, fir zu dengem Diplom ze kommen; mä du kanns soen: Ech hunn déi Berufserfahrung, ech hunn déi heiten Aktivitéite gemaach. Da kann een dat dokumentéieren an da kritt een en Deel oder alles vun deem, wat een als Kompetenz huet, unerkannt, fir méi schnell en Diplom ze kréien.

Also, ech si wierklech frou, dass dat Gesetz haut gestëmmt gétt. Et ass en Zukunftsmodell fir eis Schoul, fir d'Berufsausbildung.

Et ass och gesot ginn, dat ass fir d'Rentrée 2010/2011. D'Gesetz muss awer direkt en vigueur goen, déi verschidden Dispositionen, well et ass, wéi Der alleguerte gesot hutt, immens vill Preparatioun ze maachen. Wann elo d'Gesetz gestëmmt ass, geet d'Aarbecht um Terrain jo weider. Et sinn honnerte vu Leit an Aarbechtsgruppen amgaangen, déi Profiler opzestelle vun deene ville Beruffer. Mir loosse eis och dobäi begleet vum „Bundesinstitut für Berufsbildung“ a vun der Universitéit St. Gallen, fir dat alles op de richtege Wee ze kréien. D'Erwaardunge sinn héich un all déi Leit, déi dorunner schaffen an déi schonn dorunner geschafft hunn, an dat si souwuel Enseignantë wéi d'Leit vun de Berufschamberen, wéi d'Leit aus de Beruffer, d'Patronen, d'Gewerkschaftler, déi do zesumme sinn.

Ech wollt nach eppes soen zur Orientatioun, domadder wär ech fäerdeg zu dem ganze Gesetz. Dann ass mer awer nach eng Fro gestallt ginn, an et sinn Amendementer hei eragi ginn. Ech muss soen, dass ech e bësse perplex sinn, well ech mengen all Deputéierten, et ass jo keen Neie méi heibannen - déi Neitst si jo elo scho bal fénnef Joer hei -, wëssen, dass, wann...

» Une voix.- Den Här Etgen ass nei.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Den Här Etgen huet keen Amendement hei déposéiert.

...een an der Plénière en Amendement déposéiert, dass ee sech jo dann net erwaart, dass dat gestëmmt gétt. Dofir sinn ech paff, dass déi Amendementer elo kommen. Wa se hätten e Sënn sollen hunn, da wär et jo méi sënnvoll gewiescht, si wären an der Kommissioun komm. Do si se verworf ginn. Ausserdem si mer elo zwee Joer amgaang heiriwwer ze diskutéieren.

Ech wollt just hei nach zur Berufsorientierung soen...

» Une voix.- An ech wollt och just soen, datt dat hei nach ëmmer erlaabt ass.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Jo, mä all Minister huet wahrscheinlech och d'selwecht drop reagiert. Dofir wäert ech déi Chance jo och hei kréien.

D'Madame Brasseur huet gefrot, wéini d'Gesetz iwwert d'Berufsausbildung géif kommen.

» Mme Anne Brasseur (DP).- Iwwert d'Orientatioun.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Iwwert d'Orientatioun. Mir hu jo laang an der Kommissioun iwwer all d'Saachen diskutéiert. Ech mengen, dat hei ass e Gesetz, wou sech Zäit geholl ginn ass dofir, an ech wëll lech soen, dass ech och verstinn, dass een d'Regierung gär e bëssen op den Arm hält a seet: „Elo maache si e Projet pilote, aha, an da ginn déi e puermol an d'Schoul.“

Ech wëll soen, dass dat, wat hei prônéiert gétt, fir déi Vernetzung ze maachen tëschent deenen eenzelne Ministère, précisément dat ass, wat mer am Projet pilote maachen. An et ass och net esou, dass déi Leit elo zesummen eemol en Optrëtt hunn, mä déi sëtze regelméisseg an der Schoul, zweemol an der Woch. Si sëtze regelméisseg an deene Schoulen, déi elo am Projet pilote dra sinn. Mir hunn och doraus

Konklusioun gezunn. Dat, wat mer éischstens erausgezunn hunn, dat ass, dass, wann d'Klassen net preparéiert gi vun hiren Enseignanten, dann ass et zimlech onnëtz fir héich qualifizéiert Leit stonnelaang an d'Schoule sëtzen ze goen, dat heescht mir mussen d'Enseignantë mathuelen.

Zweetens bräichte mer qualifizéiert Leit, déi och déi richteg Äntwert ginn, fir dass net dat virkënn, wat, mengen ech, den Här Spautz gesot huet, dass deen een eppes seet, wat falsch ass. Dat heescht, mir mussen d'Leit ausbilden, an dofir si mer amgaangen e Plang ze maachen, wéi vill Leit mer bräichten, fir déi Maisons de l'orientation do sënnvoll auszustatten. Mir musse se rekrutéieren, mir musse se forméieren. Da brauche mer, wat Der richteg gesot hutt, en Observatoire, fir ze wëssen, wat mat deene Leit geschitt, déi mer ausbilden. Domat si mer amgaang am INFPC, deen huet déi Aarbecht kritt. Dat dauert och eng gewëssen Zäit, bis mer genau déi Informatiounen do zesummen hunn.

An da wëll ech lech als Lescht soen, wat Dir alleguerte ganz richteg bemierkt hutt, dass dat ganz fréi ugeet, an der Primärschoul. Dat geet effektiv u bei der Orientierung am 6. Schouljoer. Elo kann ee soen, am Prinzip sollte mer dat net am 6. Schouljoer maachen. Allerdéngs gétt do gekuckt - an dat ass eigentlech déi éischt Orientatioun, déi mer mat de Kanner maachen, a wou all Kand en Test gemaach kritt -, wou seng Stärkten a wou seng Schwächte sinn. Mir probéiere se esou ze orientéieren, dass mer hinnen eppes roden, wat hinnen déi gréisste Chancë gétt, fir an hirer Schoulcarrière ze réusséieren an herno dann och hire Wee ze fannen.

Dofir gétt jo „Éducation au choix“ an de Schoule gemaach, mat méi oder manner Succès. Alles ass verbesserungsfäeg, mä ech mengen net, dass et duergeet, ee Gesetz ze stëmmen, wa mer eis d'Outilen net ginn. Dozou gehéiert notament d'Informatioun ze hunn an d'Leit auszebilden, fir se an d'Schoulen ze schécken.

Esou Rieden, wou gesot gétt, dat do ass eng Zweetklassschoul, sinn natierlech immens hëllefärch fir...

» Une voix.- Et ass dat, wat d'Leit do bausse soen.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Jo, mä mir sollten dat hei net esou weider véhiculéieren, well dat ass falsch. Ech kennen Unisprofesseren, souguer op der Uni Lëtzebuerg, déi net duerch de classesche Lycée gaange sinn, déi am Régime technique eng 13^e gemaach hunn. Ech mengen, dass mer dat sollte méi ervirsträichen, dass dat e Wee ass, deen engem et erméiglecht, fir zu enger Qualifikatioun ze kommen. Mir wëssen aus all den Etüden, dass all Schüler, dee Progressioun mécht, dat heescht, dee sech kann no uewe schaffen, vill méi eng grouss Motivatioun huet a besser Resultater. Dofir denken ech, dass mer all déi Efforten an déi Richtung sollten ënnerstëtzen.

Ech ginn net midd, déi wichteg Roll vun der Schoul ze ënnersträichen, mä wéi jiddferee weess, Dir esougutt wéi meng Virgänger a wéi ech, soll een dat net iwwerschätzen, well wat d'Influenz op d'Décisioun iwwert d'Orientation scolaire esougutt wéi d'Orientation professionnelle ugeet, do ass d'Elternhaus an d'Familljenëmfeld vill méi wichteg wéi dat, wat an der Schoul gesot gétt. Dofir ass et wichteg, positiv Biller vun all eisen Ausbildungsweeer ze maachen. Esou vill zu dësem Projet.

Ech wëll nach eng Kéier Merci soen a freeë mech, dass dat Gesetz gestëmmt gétt.

» M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Wuert huet elo d'Madame Brasseur.

» Mme Anne Brasseur (DP).- Ech si ganz frou, dass d'Madame Unterrichtsminister elo e Succès hei ze verzechnen huet, well mat deenen anere Projekte schéngt dat jo net gradesou virunzegoen.

Dir hat ugesat mer ze äntwerten, wou de Projet iwwert d'Berufsinformatioun an d'Berufsorientierung dru wier. Dir hutt

dunn awer eng Klammer opgemaach an Dir hutt dat net bis zum Schluss ausgeféiert. Duerfir wier ech frou, wann Der mer déi Äntwert kéint ginn.

» M. le Président.- Här Oberweis, wann ech gelift.

» M. Marcel Oberweis (CSV).- Merci, Här President. Madame Ministesch, an Ärer Ried ass öfters duerchgeklongen, dass Der eng Kéier vun der 5^e geschwat hutt, wann Der de Classique ugesprach hutt, an eng aner Kéier d'9^e, wann Der vum Technique geschwat hutt. Ech fannen, et wär awer elo Zäit, no 30 Joer, deen Anachronismus aus der Welt ze schafen.

Meng Fro ass dofir déi: Wéini hale mer op, dass mer déi eng jonk Leit op eng Première eroplafe loosse, an déi aner op eng 13^e eroplafe loosse? Ech mengen, do läit dee grouss Malaise dran, dee mer haut de Metten ëmmer erëm erausspieren.

Mir mussen eng Kéier de Courage hunn, an dat no 30 Joer, ze soen, „kommt mer schafen eng Première terminale fir all d'Kanner“, dann hält de Spaass an och dat Geschwätz op.

Nach e Wuert dozou: A mengem fréiere Liewen als Professor hunn ech jonk Leit ausgebild, déi aus enger 13^e komm sinn, déi haut gestanen erwuesse Leit sinn an an der Berufswelt hire Mann respektiv hir Fra stellen. An ech sinn immens houfreg dorop.

Merci villmools.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Madame Minister, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Also zur Fro vun der Mme Brasseur, do hat ech vergiess meng Gedanke fäerdeg ze formuléieren. Ech wollt lech nach soen, dass mer amgaang sinn den Inventaire ze maache vun deene Leit, déi mer bräichten, an deene Profiler, déi mer brauchen, fir dann e Gesetz kënnen zesummen ze déposéieren. Wann ech dat realistesch aschätzen, da mengen ech net, dass dës Regierung dat nach déposéiert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Gesitt Der, da maachen ech et awer.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Neen, ech mengen net. Mir kënnen eis vläicht duerchréngen, fir et ze déposéieren, mä ech ginn dem Fait, dass dat nach géif gestëmmt ginn, net vill Chancen. Wa mer eis zesummesetzen, da kréie mer et och nach vläicht virun.

Ech si mat dem Här Oberweis sengen Aussoen d'accord, well ech hunn dat jo ganz genee observéiert. Ech hunn hei schonns e Gesetz iwwert d'Primärschoul déposéiert - an et sollt ee sech net ze fréi freeën, Mme Brasseur, iwwert dat, wat nach gestëmmt gétt a wat net méi gestëmmt gétt -, an ech wollt nach soen, dass ech eigentlech kee Gesetz déposéiert hunn iwwer eng Reform, wat de Postprimaire ugeet. Mir hunn d'Primärschoul, mir hunn eenzel Lycées pilotes, an dann d'Berufsausbildung. Wann ech d'Méiglechkeet hunn, dat nach weiderzeféieren, ass fir mech deen nächste Schrëtt, an dat hu mer jo ugekënnegt, d'Reform souwuel vum Technique wéi och vum Classique ze maachen. Dat ass den nächste Chantier, deen am Ugrëff ass, an do gehéiert dat dann dran.

» M. le Président.- Merci, Madame Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Debatten ukomm. Mir kommen elo zu den Ofstëmmungen.

Amendement 1

Fir d'éischt den Amendement, dee vun der Madame Loschetter déposéiert ginn ass. Deen ass vun engem ënnerschriwwen. Hei sinn der véier, déi dat mat ënnerschreien. Dann ass et gutt, dann ass den Amendement recevabel.

Mir stëmmen elo of iwwert den Amendement 1.

Vote

Den Amendement 1 ass verworf mat 38 Nee-Stëmmen, bei 21 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Eugène Berger), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz,

Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Clement), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro).

Mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi an där Form, wéi e vun dem Rapporteur a vun der Kommissioun hei proposéiert ginn ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Regierung ass net méi do. Ech wollt der Madame Delvaux soen, dass hire Projet de loi mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun ugeholl ginn ass.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Clement), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. François Bausch) et Mme Viviane Loschetter.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.26 heures)